Conseil communal

Séance publique du 26 mars 2009

Durée de la séance: *15.00 à 17.00 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Albert Muller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Lily Gansen, conseiller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos

1. Personnel
   - 1.1. Nominations définitives de deux fonctionnaires communaux - décisions.
   - 1.2. Démission volontaire d'un fonctionnaire communal - décision.
2. Enseignement
   - 2.1. Demande de congé parental par une institutrice de l'enseignement primaire - décision.
   - 2.2. Nomination d'un aide-éducateur (m/f) à tâche partielle pour les besoins des Maisons Relais de Rodange et Lamadelaine - décision.
   - 2.3. Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) à tâche partielle pour les besoins des Maisons Relais de Rodange et Lamadelaine - décision.
3. Prévisions sociales: démission du secrétaire adjoint de l'Office Social - décision.

Séance secrète

4. Personnel: affaire disciplinaire - décision.

Séance publique

5. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
6. Administration générale
   - 6.1. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
   - 6.2. « Pacte Logement »: contribution financière de l'Etat - imputation de la recette et création d'un crédit spécial pour l'exercice 2009 - décisions.
   - 6.3. Elections législatives et européennes - indemnisation des porteurs des lettres de convocation - décision.
   - 6.4. Octroi de jetons de présence aux membres du conseil communal, des commissions légales et consultatives, du comité local de sécurité et autres groupes consultatifs - décision.
   - 6.5. Adaptation de l'indemnité revenant au bourgmestre - décision.
   - 6.6. Adaptation de l'indemnité revenant aux échevins - décision.
   - 6.7. Adhésion à la charte européenne pour l'égalité des femmes et hommes - décision.
   - 6.8. Litige en matière de paiement d'une facture émise par l'administration communale: autorisation d'ester en justice - décision.
7. Propriétés
   - 7.1. Cession, d'une contre-emprise sise à Pétange, lieux-dits « rue Batty Weber » et « rue Jean-Baptiste Gillardin », à M. Georges SCHMARTZ - décision de principe.
   - 7.2. Contrat de bail, avec M. Jean-Marie WAGENER, pour la location d'un terrain communal sis à Pétange, lieu-dit « cité CFL » - approbation.
   - 7.3. Avenant, au contrat de bail, conclu avec Mme Gaby SCHAMMO pour l'exploitation de la buvette du centre sportif à Pétange - approbation.

8. Prévisions sociales: convention du « Club Senior Prënzebierg » pour l'année 2009 - approbation.
9. Enseignement: contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
10. Sports et loisirs: piscine de Rodange - avenant à la convention d'achat exclusif pour la buvette avec la société MUNHOWEN S.A. de Ehlerange - approbation.
11. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

1. - 4.

Les points 1 à 4 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos respectivement en séance secrète.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public la décision suivante:

Mme Alexandra Leick et M. Christophe Potier sont nommés définitivement aux fonctions d'expéditionnaire administratif avec effet du 1er mai 2009.

La démission volontaire (départ à la retraite) est accordé à M. Majeres Nicolas, secrétaire communal avec effet du 1er juillet 2009. Le titre honorifique de ses fonctions lui est conféré.

5.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech begréissen iech zu der ëffentlecher Sëtzung vum Gemengerot vum 26. Mäerz 2009. Mir haten e puer Personalfroen haut, an ech wollt en Deel dovunner ëffentlech maachen. Well de Gemengerot huet décidéiert fir eng Rei vun deene Personalfroen public ze maachen. Engersäits hu mer 2 Mataarbechter, déi entretemps hir Formatioun ofgeschloss hunn, an elo eng Nomination définitive als Expéditionnaire administratif kritt hunn. Et ass dat den Här Potier Christophe an d'Madame Leick Alexandra. Nach eng Kéier Félicitatiounen u si vum Gemengerot aus.

Dann hu mer och nach eng Démission volontaire vun engem Fonctionnaire communal. An dat ass keen anere wéi eise Gemengesekretär. Hien huet d'Recht, fir vum 1. Juli un an déi wuelverdéngte Pensioun ze goen. An dofir hu mer och haut nieft him säin Nofolger sëtzen. Dat ass awer eng Décisioun, déi eréischt déi nächste Kéier geholl gëtt. De Gemengerot huet och eestëmmeg décidéiert fir dem Här Majeres Nicolas den 'titre honorifique' vu senge Fonctiounen ze ginn, fir déi ganz laang Zäit, wou en hei déi Aarbecht gemaach huet. Well et muss ee soen, datt hien 17 Joer Gemengesekretär vun der Gemeng Péiteng war, an hien ass bal 40 Joer an der Gemeng Péiteng beschäftegt. Dat heescht, hien ass scho ganz laang am Déngscht vun eise Bierger. An dofir him och nach eng Kéier villmools Merci fir dat, wat hie gemaach huet.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech wollt iech hei am Numm vum Schäfferot och nach eng ganz erfreelech Nouvelle matdeelen. Nodeem mir den 25. Juli 2008 den Avant-projet vum Réaménagement vum Site 'Waxweiler Millen' hei am Gemengerot gestëmmt hunn, sinn 8 Méint vergaangen, an deene mer an der Erwaardung vun enger Äntwert an der finanzieller Zouso vum Kulturministère stoungen. Dank ville schréftlechen Interventioune vum Schäfferot, mä awer och an haaptsächlech duerch perséinlech Kontakter vun eisem Buergermeeschter Pierre Mellina mat der Statssekretärin Octavie Modert, ass eis elo eng ganz flott Nouvelle zoukomm. Mir haten deemools hei en Devis vun insgesamt 7.163.804,32 € gestëmmt, dee sech zesummegesat huet aus dem Réaménagement vun der aler Millen (4.690.156 €), dem Réaménagement vum Rouden Haus (1.267.060 €), dem Réaménagement extérieur (623.296 €) an dem Paravent extérieur (555.391 €). Mir wosste vun Ufank un, datt mer bei verschiddene vun deene Punkte keng Subventioun géife kréien, well se net am Intressi vum Kulturministère wieren, an och net de Critère vun Sites et Monuments géifen entspriechen.

Dofir si mer haut ganz zefridde fir iech matdeelen ze kënnen, datt mer folgend Subventioune versprach kruten:

Subside vum Kulturministère an der Héicht vun 1.865.201 €, plus e Subsid vun Sites et Monuments vun 346.771 €. Am Ganze mécht dat e Subsid vun 2.211.972 €. Dat si ronn 30% vun der Gesamtenveloppe déi mer hei gestëmmt haten. Dat ass also ganz zefriddestellend.

Weiderhin hu mir eng Conventioun ënnerschriwwen, wou mir eis verflichte fir nach dëst Joer mat den Aarbechten unzefänken. Dofir kréie mer dann eng Avance vun 90% vun deenen éischtgenanntene Subsiden. Dat heescht, mir kréie praktesch 1.678.809 € an deenen nächste Woche schonn iwwerwisen.

Dat bedéngt, datt mer op der anerer Säit och eppes musse schaffen. Mir hunn awer fir de Moment nëmmen e Kredit vun 100.000 Euro virgesinn, well mer net esou séier, an net mat esou enger positiver Äntwert gerechent haten. Dofir wäerte mer och an engem vun deenen nächste Gemengeréit hei e remaniéierte Kredit proposéieren, deen dohinner geet, datt mer nach dëst Joer mat de Sanéierungsaarbechten vum Haaptgebai vun der Mille kënnen ufänken. Duerch speziell Betongsinjectioune soll de Gros oeuvre vun der Mille stabiliséiert ginn.

Mir brauchen dofir awer och nach den Avis vum Inspekter vun der Sécherheet, an och nach vun der Autorité supérieure. Mä do hu mer och nach gëschter Owend duerch eisen Inneminister versprach kritt, datt deen Dossier do géif vill méi séier virugoen. Am Kader vun de 'mesures anti-crise' wou de Stat elo interesséiert ass, datt Aarbechte virgezu ginn, a mer wëllen och vun däer Opportunitéit profitéieren.

Déi Contre-partie vum Statsbudget erlaabt eis deen éischten Deel vun den 'travaux de gros oeuvres' praktesch ofzeschléissen, ouni datt musse vill Sue vun eis investéiert ginn. Dat heescht fir d'Injectioun vum Betong fir ze stabiliséieren, d'Ofrappe vun Duerchgäng, Dieren an Ouvragen, déi de Moment hënneren, d'Terrassementer, d'thermesch Isolatioun vum Buedem, Armaturen am Betong an d'Maçonnerie, esougutt vum neie wéi och vum ale Gebai.

D'nächst Joer kéinte mer da realistesch Aarbechte vum Gespär a vum Daach ufänken, esou wéi d'Menuiserie extérieure. Dann hätte mer d'Gros oeuvres fermés héchstwahrscheinlech fir Enn 2010, an 2011 kéinte mer mam Réaménagement intérieur an extérieur ufänken, de Paravent a vläicht d'Sanéierung vum Rouden Haus ufänken.

Och wann dat net sollt fäerdeg ginn, oder wann d'Suen et net géifen erlaben, esou si mer awer realistesch wat d'Fäerdegstellung vun der aler Millen an den Alentoure fir d'Joer 2011 ugeet.

Et ass dat eng gutt Nouvelle, déi mer vum Stat kritt hunn, och wa se eis elo ënner Drock setzt, an déi mer awer alleguer, Schäfferot, Techniker an ech mengen och de Gemengerot, mat ganz vill Freed unhuelen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass dëst eng Challenge fir eis, mä mer wäerten deen unhuelen, well et ass eng eemoleg Geleeënheet, datt mer aus deem Site op der Millen eppes Flottes kënne realiséieren.

Domatter wier de Punkt 5 ofgeschloss, a mer wäerten heiropper an enger vun deenen nächste Sëtzungen zeréckkommen.

6.1.

Administration générale.

Titres de recettes: déclarations diverses au montant total de 1.886.073,81 euros - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hunn hei eng Rei vu Recettë vun 2008 an 2009. Et ass eng Recette vun 2008, dat ass den Impôt commercial. Och do - wa mer de Solde vun 2008 matrechnen - leie mer eng ronn 800.000 Euro iwwer deem, wat mer an eisem Budget rectifié stoen haten. Dat ass eng ganz positiv Noriicht. Wahrscheinlech wäert et déi nächste Joeren net méi esou positiv sinn.

Wat 2008 ugeet, esou feelt do nach de Solde vun der Dotation de l'Etat. Déi musse mer nach ofwaarden, mä dee wäert och drop an dru sinn, datt mer e kréien. Fir de Rescht sinn et méi kleng Recettë vum Ufank vun 2009.

Approbation à l'unanimité.

6.2.

Administration générale.

Pacte logement: contribution financière de l'Etat - imputation de la recette et création d'un crédit spécial pour l'exercice 2009 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hu jo de 'Pacte logement' ënnerschriwwen, an do hu mer och eng positiv Nouvelle kritt. Et ass jo réckwierkend op 2007 gemaach ginn. Do hu mer fir 2007 200.947,50 € op Grond vun deem 'Pacte logement' zegutt gehat. 2008 wäerten et iwwer 1 Millioun Euro sinn, mä fir 2007 war et - duerch d'Progressioun vun eiser Populatioun, déi net esou pousséiert war wéi am Joer 2008 - nëmmen tëscht Gänseféissercher 200.947,50 €. Well den Inneministère eis iwwer eng Instructioun gesot huet, wéi mer dat da musse verbuchen, musse mer engersäits eng Recette verbuchen. Déi Recette war nach net verbucht. Mir haten dat nach net am Budget virgesinn, am Géigesaz zu anere Gemengen. Am Exercice 2009 buche mer dann eng Recette vun 200.945,50 €. An als Géigesaz musse mer eng 'dotation au fonds de réserve pacte logement' buchen, an der Héicht vun der selwechter Zomm. Dat ass och e Kredit am extraordinäre Budget. A wa mer eng Kéier d'Sue brauchen, da gëtt dee Kredit ugezaapt, an da musse mer erëm eng Décisioun hei am Gemengerot huele fir déi erofzehuelen an eng Ausgab op der anerer Säit ze buchen.

Et ass dat e relativ komplizéierte System, mä et ass esou wéi den Inneministère eis dat virschreift.

Wichteg ass et, datt mer déi 200.000 Euro kréien, an datt mer déi am Joer 2010 fir Infrastrukturaarbechte kënnen notzen.

Mir miissten haut décidéiere fir déi zwou Ecrituren ze maachen, engersäits d'Recette - wou mer d'Sue schonn hunn - an anerersäits de Crédit spécial an der 'dotation au fonds de réserve pacte logement' ze buchen, an nach e spezielle Kont opzemaachen, op deen déi Sue sollen dropkommen.

Also, op jiddwer Fall passt de Stat ganz gutt op, datt déi Suen net mëssbraucht ginn.

Carlo Gira (CSV):

Ass dann och definéiert, watfir Infrastrukture mat deene Sue kënne realiséiert ginn? Ass dat genee definéiert?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Genee net, mä et mussen Infrastrukturaarbechte si wéi zum Beispill Crèchen, Maisons relais, oder och e Kulturhaus. A wann ech kucke watfir Zomme mir kréien, dann hu mer kee Problem fir déi fir esou Zwecker auszeginn.

Carlo Gira (CSV):

Dat heescht, et kann een déi Sue relativ large asetzen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat schonn. Mä mer kënnen elo kee Camion kafe fir de Müll. Mä mer hunn esouvill am Budget extraordinaire stoen, datt déi Zommen hei ouni Problem verschafft kënne ginn.

Accord à l'unanimité.

6.3.

Administration générale.

Elections communales, législatives et européennes: indemnisation des porteurs des lettres de convocation - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wéi der wësst, kommen d'Walen ëmmer méi no, an dofir wëlle mer déi Leit, déi sech bereet erkläert hu fir d'Convocatiounen auszedeelen, indemniséieren. D'Suen dofir hate mer schonn am Budget virgesinn, esou datt et haut just drëm geet fir déi Décisioun, d'Porteuren ze bezuelen, hei am Gemengerot ze huelen.

Accord à l'unanimité.

6.4.

Administration générale.

Adaptation des jetons de présence à allouer aux membres du conseil communal, des commissions légales et consultatives, du comité local de sécurité et d'autres groupes de travail - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Am léifste wéilt ech d'Punkten 6.4., 6.5. a 6.6. mateneen presentéieren, well dat alles zesummenhänkt.

Ursprong vun der Diskussioun, déi mer elo iwwer déi 3 Punkte féieren, huet eigentlech eng Circulaire vum Ministère, déi festgehalen huet, datt mer zanter 2000 eigentlech näischt méi un den Indemnitéite vum Buergermeeschter an de Schäffe geännert hunn. De Ministère schreift eis, datt ee kéint déi Indemnitéiten ëm 10% eropsetzen. Dir wësst, datt mer dat als Gemengerot nëmmen da kënne maache wann de Ministère eis dat och autoriséiert. Iwwer Règlement grandducal ass elo gesot ginn, datt mer dat kënnen hiewen. Mir haten awer vun der Geleeënheet hei profitéiert, fir eigentlech alles dann eng Kéier ze iwwerkucken, an erauszefanne watfir Punkten nach do opstinn, a watfir politesch Mandatairen eventuell e Jeton kréien. Mir wëllen dat elo am Globalen änneren.

A mer hunn eigentlech gesot, wann et 10% fir de Buergermeeschter an de Schäffe gehéicht gëtt, da soll et och

gëlle fir d'Kommissiounsmemberen a fir Membere vum Gemengerot.

Wann een d'Montante vun 2000 kuckt, dann hate mer do nach eng Situatioun, wou mer mat Kommaë gefuer sinn, a mer hunn déi Chifferen och elo opgerënnt, fir datt mer och ronn Chifferen an eisem Dokument stoen hunn an datt mer dat, wat mer nach vu fréier duerch de Frang matgeschleeft hunn, aus der Welt schafen.

Dobäi hu mer och e puer Saachen erausgeholl, déi d'Gemengeréit betraff hunn. Do war e relativ komplizéierte System, wou mer e Jeton hate bis 1 Stonn, dann e Jeton hate fir tëscht 1 an 3 Stonnen, an dann nach e Jeton fir iwwer 3 Stonnen. Mir haten och nach d'Méiglechkeet, fir datt d'Jetonë sollen diminuéiert gi wann een no der Zäit komm oder virun der Zäit gaangen ass. Mir hunn eigentlech elo nëmmen nach 3 Saachen zeréckbehalen, an dat ass dee Jeton bis 3 Stonnen an dee Jeton fir iwwer 3 Stonnen, an natierlech nach dee Volet, datt een eventuell manner kritt, wann ee manner laang dobäi ass.

De Volume, deen dës Saach op de Budget 2009 géif ausmaachen, ass am Total fir alleguerten d'Leit 7.000 Euro. Dat mécht 0,02% vun den extraordinären Dépensen aus. Dat heescht, datt et net ee wahnsinnege Chiffer ass, oder datt et géif de Budget d'hënnescht d'iewescht geheien. Mä et ass einfach de Prinzip - an dat ass d'Diskussioun déi hei am Gemengerot soll gefouert ginn - ob een op Grond vun deem Règlement grand-ducal vum Inneministère elo soll deem Suite ginn an déi Chifferen upassen.

Roger Klein (LSAP):

Ech hunn elo schnell d'Hand gehuewen, well et mer um Häerz läit, fir zu dësem Thema e Wuert ze soen. An ech bieden iech och dat, wat ech soen, als meng Iwwerzeegung ze betruechten, an net als Polemik an net als e Fuddernäid vun engem Conseiller vis-à-vis vun deenen, déi dann elo e bësse méi solle bäikréien, an och net als e politesche Calcul. Well ech brauch, well ech mech weder dëst Joer am Juni, nach am Oktober 2011 engem Exame brauch ze stellen, net enger Opinion publique Récksiicht ze huelen.

Mä ech ginn e bëssen zeréck an d'80er Joeren, wéi mer d'Kris an der Stolindustrie haten, a wou vill Leit an d'DAC komm sinn. Du war eng grouss Well vu Solidaritéit hei zu Lëtzebuerg ze spiere gewiescht, an déi war esouguer am Péitenger Gemengerot ze spieren. Ech war dunn nach net dobäi, mä den Här Breyer an den Här Bosseler waren déi Zäit schonn am Gemengerot. An ech ka mech erënneren, datt deemools de Péitenger Gemengerot décidéiert hat, fir all déi politesch Indemnitéiten ëm 10% erofzesetzen.

Déi 10%, dat huet d'Keess vun der Gemeng deemools net sanéiert, mä et war einfach en Zeeche wat de Conseil wollt setzen.

Elo si mer an enger Situatioun, wou mer eng Wiertschafts- a Strukturkris hunn, déi wesentlech méi schlëmm ass wéi dat, wat mer an den 80er Joere kannt hunn. Elo, wou mer 13.000 Leit hunn, déi net am DAC si mä am Chômage, wou mer Mesuren hu mat Leit an der Kuerzaarbecht, géife mer higoen, an déi Indemnitéiten ëm praktesch 10% eropsetzen. A wéi de Buergermeeschter mat Recht seet, dat ruinéiert d'Gemengekees net, mä et ass och en Zeechen, an et ass iergendwéi en Dicks dee fir mech an déi falsch Richtung weist.

An ech hunn emol gekuckt, wat dat fir e Conseiller ausmécht. E Conseiller, deen eemol am Mount an de Gemengerot kënnt, kritt knapp 10 Euro pro Mount méi. A wann et dann och nach 10 Euro wieren, well wann en dovunner nach 15% u seng Partei ofgëtt, an 39,4% Steiere bezilt, inklusiv d'Taxe dépendence, da bleiwen dovunner nach 4,56 € iwwereg. Dat heescht, ob e Conseiller déi puer Euro huet oder net, dovunner gëtt e weder méi räich nach méi aarm.

Mä et gëtt einfach Waasser op d'Mille vun enger gewëssener Opinioun, déi fälschlecher Weis dobaussen ass, an déi och net ëmmer richteg jugéiere ka wat d'Aarbecht vun engem Politiker ass. Mä ech hunn nach virun e puer Wochen an enger Zeitung gelies - eng Zeitung déi freides erauskënnt an déi ech net esou appréciéieren, mä et muss een awer och dat liesen, wat een net esou appréciéiert - an do stoung op der éischter Säit en Artikel vun 'Politiker, die das Maul nie voll genug bekommen'. An dat ass jo eppes, wat ganz séier dobausse gezielt gëtt. An ech mengen dat hu mer alleguerten, déi mer hei um Dësch setzen, net néideg, datt mer eis deem Virworf aussetzen. An dofir mengen ech, bei all Berechtegung vun der Augmentatioun déi do ass, a bei all Respekt fir déi Aarbecht, déi haaptsächlech déi Leit aus dem Schäfferot maachen, wier et e falscht Zeechen zu engem falsche Moment. An dofir géif ech perséinlech proposéiere fir dee Punkt - op mannst deen, deen de Gemengerot ugeet, well iwwert dee vum Buergermeeschter an de Schäffe wëll ech net jugéieren an net décidéieren - vun der Dagesuerdnung erofzehuelen, an de Punkt nees dropzesetze wann d'Wiertschaftskris erëm eng Kéier iwwerwonnen ass, a wann hei am Land erëm normal Verhältnisser herrschen. An da gëtt dat dobaussen och vill méi einfach a vill méi liicht acceptéiert, wéi wa mer de Leit elo dobausse soen, datt si mussen ëm hir Aarbecht fäerten a mir ginn eis awer emol 10% méi. Och wann déi 10% leschten Enns dräimol näischt sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Déi do Iwwerleeungen hu mir eis och gemaach. Ech kann déi dote Saach och novollzéien, mä ech sinn awer perséinlech der Meenung, datt ech domatter liewe ka wann dat elo net hei am Gemengerot gestëmmt gëtt. Well et ass jo schlussendlech de Gemengerot, deen décidéiert. Och wann ech der Meenung sinn, datt esou Diskussioune sécherlech kënne gemaach ginn, esou soll een dat awer op anere Plaze maachen, op Plaze wou et sech rentéiert, a wou mer de Leit och kënne wierklech weisen, datt ee wëll eppes maachen. An et soll een et do maache wou et e bëssen ëm da Liewegt geet, an net onbedéngt hei, wou et ëm 3,50 Euro geet, déi een da spuert.

Sécherlech kann een driwwer diskutéieren, ob een dat elo mécht oder net. Ech sinn zwar der Meenung, datt, wann een et elo net mécht, ee soll décidéiere fir et guer net ze maachen. Well et ass elo wou de Règlement grand-ducal gemaach ginn ass, a wou een einfach gesot kritt huet, datt een et soll maachen. Elo kënne mer et maachen, a wa mer et elo net maachen, da kann ech domatter liewen, datt een et guer net mécht.

Ech muss soen, datt mer virun 2 bis 3 Méint am Déifferdenger Spidol décidéiert hu fir eis Indemnitéiten ze halbéieren. Dat ass wesentlech méi, wat ech do verléieren, wéi dat, wat ech elo hei géif méi kréien. Ech sinn einfach der Meenung, wann een et mécht, da soll een et richteg a korrekt maachen. Mä ech froe mech, ob et sech elo hei rentéiert fir elo hei eng grouss Diskussioun ze féieren. Well ech hu jo gesot, ëm wat et hei geet. Hei geet et fir bei enger ronn 50 Leit ëm en Total vun 7.000 Euro.

Roger Klein (LSAP):

Mir sinn eis am Fong eens, datt mer et net zu dësem Moment, mä zu engem spéidere Moment maache sollen. An ech bestinn och net drop, datt et net eng Kéier sollt gemaach ginn. A wéi de Buergermeeschter et jo scho gesot huet, et geet hei ëm 7.000 Euro. Hei an do huele mer hei am Gemengerot Décisioune vu 7 Milliounen Euro, an

doriwwer gëtt dobausse guer net geschwat. Mä hei geet et ëm 7.000 Euro, bei deene mer dobausse ganz vill Gespréich kréien, a ganz vill negativ an der ëffentlecher Meenung stinn. An dofir war einfach mäi Rotschlo, fir et elo emol sinn ze loossen, oder mer loossen et ganz sinn. Well et ass e Règlement grand-ducal, dee jo Maximaë festsetzt, a wann een eng Kéier der Meenung ass, datt d'Situatioun eng aner wier, da ka jo dëse Conseil, oder e spéidere Conseil eng aner Décisioun huelen. Fir mech ass et einfach - an dat ass nëmme meng perséinlech Iwwerzeegung - e schlechte Moment, eng schlecht Décisioun zu engem schlechte Moment. Et ass keng Décisioun, déi iergend-wellech grouss Repercussiounen op d'Gemengefinanzen huet. Mä et ass eng Décisioun, déi dobausse ganz negativ opgeholl gëtt.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech wollt quasi dat selwecht soen, well déi Circulaire vum Inneministère, respektiv dee Règlement grand-ducal, dee kënnt zu engem ganz schlechte Moment, wou elo de Gemenge suggéréiert gëtt, datt d'Politiker sech kënnen e puer Groschen - well méi bleift duerno net - méi an de Jetonë ginn.

All Dag héiert een, datt et méi Aarbechtsloser ginn, datt méi Betriber kuerz schaffen, aner Betriber ganz zoumaachen, an da kléngt dat no baussen wéi "d'Politiker, déi sëtzen elo am ganze Land an hire Conseillen, a si wiele fir hir Jetonen an d'Luucht ze setzen". No bausse gesäit dat fuerchtbar aus, an ech sinn och dofir, datt mer et solle vun der Dagesuerdnung erofhuelen, anerwäerts géif ech dann och dogéint stëmmen.

Guy Brecht (LSAP):

Wat den Här Klein gesot huet, ass e bëssen d'Meenung vun eiser ganzer Fraktioun. Ech hu just eng Fro, an et ass ëmmer e bësse komesch, wann een iwwer e Gehalt vun engem Buergermeeschter schwätzt, mä mir si jo an der glécklecher Constellatioun fir e 'full-time' Buergermeeschter ze hunn. An do wollt ech froen, mat senger Pei - wann een dat esou dierf soen - déi en hei huet, komme jo dann nach déi Indemnitéiten als Buergermeeschter dobäi? Leien ech do richteg?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass richteg, datt de Buergermeeschter vu senger Aarbecht fräigestallt ass, seng Pei kritt, an datt dat heiten e Supplément ass. Ech kréien awer kee Jeton.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech schléisse mech och e bëssen deenen Iwwerleeunge vu menge Virriedner un. Ech sinn och der Meenung, - wann ech liesen, datt mer 108 Betriber an eisem Ländchen hunn, déi kuerz musse schaffen, an 12.000 bis 13.000 Leit hunn, déi an deene Betriber schaffen, - datt ech op der enger Säit scho fir eng Erhéijung vun de Jetonë wier, mä op der anerer Säit et och fir mech e ganz schlecht Zeechen ass, wa mer zu deem heite Moment dat heiten elo stëmmen. Et ass fir mech och komesch, datt vum Stat aus, genee zu dësem Moment, esou Saachen un d'Gemeng erausginn. Well et wier jo éischter zu dëser Zäit, wou een esou Augmentatiounen net soll maachen.

Wéi gesot, ech sinn der Meenung, datt een déi Décisioun haut hei sollt fir ee Joer aussetzen, oder et eréischt da stëmme wa sech d'Situatioun erëm verbessert huet.

Romain Rosenfeld (CSV):

Et ass ëmmer schéin, wann ee mat esou Saache Politik mécht. Et ass e Stil fir Politik ze maachen, mä de Ministère gesäit och, datt - wann een déi Leit respektéiert a se ënnerstëtzt - déi Leit, wa se gutt schaffen, a mat hiren Décisiounen, déi se zum Beispill an de Gemengeréit huelen, déi 7.000 Euro nees liicht eraspillen. An den Här Klein huet et jo ausgerechent. Wann een um Enn vum Mount sollt 4 Euro méi an der Täsch hunn, da kann e sech net vill dovunner kafen.

Mir ënnerhale ganz vill Leit am Land, déi guer näischt maachen. Mir setzen eis a fir d'Ëffentlechkeet, fir eis Leit alleguerten, a wann een dat hëlt, wat een u sech kritt fir an engem Gemengerot ze sinn, an dat deem vis-à-vis stellt wat een effektiv muss leeschten, da geet de Jeton bäi wäitem net duer. Well et ass och e groussen Deel Bénévolat mat verbonnen.

Et gesäit vläicht duerno aus, datt ee mam Héije vun de Jetonen zu dësem Moment e schlecht Zeeche setzt, mä de Ministère gesäit dat awer aneschters. An ech gesinn et och aneschters, a vun e bëssen enger anerer Säit. An dofir sinn ech och der Meenung, datt ee mat esou Saache keng Politik sollt maachen. Fir mech ass et korrekt, esou wéi et soll gemaach ginn. De Coût vum Liewe geet an d'Luucht, an dat anert soll och an d'Luucht goen.

Roland Breyer, Schäffen:

Et gëtt awer nach eng Iwwerleeung, déi elo guer net zum Zuch komm ass. Et ass net nëmmen eng 'instruction ministérielle' erauskomm fir d'Jetonen an d'Luucht ze setzen. Mä et ass och erauskomm, datt déi Zäit - deen een hei an der Gemeng soll verbréngen - beim Buergermeeschter op 100% an d'Luucht gesat ginn ass, dat heescht 40 Stonnen d'Woch, a bei de Schäffen op 20 Stonnen d'Woch. Dat heescht, d'Obligatioun ass op der anerer Säit och do. Och wann elo d'Indemnitéit ëm 10% an d'Luucht geet, esou ass d'Disponibilitéit vum Buergermeeschter ëm 100%, an déi vum Schäffen ëm 70% an d'Luucht gesat ginn. Dat heescht, wann ech elo 70% méi muss schaffe kommen, an ech kréien 10% bäi, dann ass dat schonn e gutt Zeechen no baussen. A wann ech dann och nach als ee vun deene schwätzen, déi an der Pensioun sinn, déi kee 'congé politique' zegutt hunn, esou hunn déi hunn elo d'Obligatioun - wou se fréier 12 Stonnen haten - fir 20 Stonnen d'Woch op d'Gemeng mussen ze sinn.

An ech gesinn d'Erhéijung vun de Jetonen als Unerkennung fir déi Disponibilitéit an déi Kompetenzen, déi mer heimatter kréien. A wann een elo 10% weider verdéngt, esou ass dat net dat, wat um Enn dobäi erauskënnt. Den Här Klein huet et virgerechent. Wann een d'Steieren ofgezunn huet, an säin Deel un d'Partei ofginn huet, da bleift net méi vill iwwereg.

Et ass awer eng Unerkennung fir dat, wat ee leescht am Intressi vun der Gemeng. An ech gesinn et och esou, an ech gesinn et och net als e falscht Zeechen. Iwwerall gëtt versicht fir am aktive Beruff eng Adaptatioun ze maachen, a wann hei - no 9 Joer - eng Adaptatioun vun 10% kënnt, da fannen ech dat einfach nëmmen adequat mat der Evolutioun vun der Zäit.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Domatter wier d'Diskussioun ofgeschloss, a jidderee soll décidéiere wéi e wëll. Wann e mengt, datt dat heiten zevill wier, da muss en dogéint stëmmen.

Accord par 8 voix (CSV, DP) contre 6 voix (LSAP, Déi Gréng).

6.5.

Administration générale.

Adaptation de l'indemnité revenant au bourgmestre - décision.

Accord par 8 voix (CSV, DP) contre 6 voix (LSAP, Déi Gréng).

6.6.

Administration générale.

Adaptation des indemnités revenant aux échevins - décision.

Accord par 8 voix (CSV, DP) contre 6 voix (LSAP, Déi Gréng).

6.7.

Administration générale.

Adhérence à la Charte européenne pour l'Egalité des femmes et des hommes dans la vie locale - décision.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

D'europäesch Charta fir Gläichheet tëscht Fraen a Männer ass ausgeschafft gi vum CCRE, dat heescht vum Conseil des communes et des régions d'Europe, dem europäeschen Daachverband vun de Gemengenassociatiounen. De Syvicol, dee Member an dëser Associatioun ass, huet vun Ufank un aktiv un dësem Projet matgewierkt, an och e 'guide d'accompagnement' fir d'lëtzebuerger Gemengen ausgeschafft.

Dës Charta begräift e komplette Programm fir d'Gläichheetspolitik um Niveau vun de Gemengen ëmzesetzen. D'Gemeng ass mat dem Vote fir dës Charta, an der Ënnerschrëft vum Buergermeeschter net rechtlech gebonnen, wuel awer politesch a moralesch fir d'Prinzipien aus der Charta ëmzesetzen. Et ass schonn esou geduecht, datt all d'Artikele sollen ëmgesat ginn. Et sinn der 30, mä ech wëll awer haut net op déi 30 Artikelen hei agoen, dat géif vill ze vill wäit féieren. Déi 30 Artikele sollen awer elo net alleguerte mateneen transposéiert ginn, mä si sollen och nach realistesch bleiwen. No der Ënnerschrëft huet d'Gemeng 2 Joer Zäit fir en Aktiounsplang auszeschaffen, wou ee soll seng Prioritéite setzen. Un en Aktiounsplang, dee mir hei an der Délibératioun schonn oplëschten, hu mir hei an der Gemeng scho geduecht. An zwar, wann de Gemengerot deem géif zoustëmmen, da kéinte mer och deen Aktiounsplang ëmsetzen. An zwar geet et do ëm d'Participatioun um Boys' and Girls' Day, deen dëst Joer den 30. Abrëll soll sinn, ëm d'Europa-Charta am Vote vum Gemengerot mat enger Ëmfro iwwer eist administrativt Personal an deene leschte Joeren. Mer hate jo schonn eng Kéier e Questionnaire ausgefëllt. Och soll am Kader vun engem Workshop eng Analys gemaach ginn, wou mer nees mat der Madame Joëlle Letsch kënne schaffen. An et soll och nees e Büro den Optrag kréie fir ze analyséieren, wéi d'Wale vun der Delegatioun vun de Salariéë waren. An zwar doduerch, datt guer keng Fra gestëmmt ginn ass. Dat ass eis e wéineg komesch virkomm, well et hate sech Fraen opgestallt. Et geet jo ëm d'Gläichheet vu Fraen a Männer. An do géife mer gären eng Ëmfro maachen.

Ech wëll och e bëssen dorop agoen, wat mer bei eis an der Gemeng schonn alles an der Gläichheetspolitik geschafft hunn. Do kënne mer net derlaanscht komme fir ze soen, wat am Beräich vun der Sécherheet geschitt ass. Ech denken do un de Plan local de sécurité, wou mer scho ganz vill geschafft hunn. Och um Niveau vun eise Schoulen a vun eise Betreiungsstrukturen ass genee esou vill geschitt. Nodeem mer d'Päesch-Schoul vergréissert hunn, si mer och am gaangen d'Neiwiss-Schoul ze vergréisseren an a Conformitéit ze setzen. Mir hu praktesch e fäerdege Plang fir eis Opfankstrukturen do leien. Mir hu jo schonn hei dovunner geschwat. Ech fannen, datt dat ganz flott ass, wa mer an Zukunft wëllen an däer dote Gläichheetspolitik weiderschaffen.

Mir sinn och am gaangen eis 'Education précoce' a Conformitéit ze setzen, wat jo och an déi Richtung geet. Wieder si mer och am gaange fir Opfankstruture fir 'personnes en détresse' bei eis an d'Gemeng ze kréien. Well esou eppes feelt de Moment nach hei.

Am Volet vun der Gemengeverwaltung si mer och dobäi fir an eisem Kommunikatiounsmaterial - ech denken do zum Beispill un de 'Meng Gemeng' - an am Aarbechtsëmfeld vun eise Mataarbechter an eisem Aktiouns-plang anzegoen.

Ech sinn der Meenung, datt et eng gutt Saach wier, wa mer déi Charta haut de Mëtteg hei géife stëmmen an domatter soen, datt och mir eis op deen Niveau setze wéi déi aner 900 Gemengen an Europa, wéi d'Gemeng Lëtzebuerg, wéi d'Gemeng Esch, wéi d'Gemeng Hesper, déi och schonn déi Charta gestëmmt hunn. Mir soen domatter och als Gemeng Péiteng, datt mer an Zukunft wëllen eng Gläichheetspolitik maachen, an dat soll nëmmen zum Beschte si vun allen Awunner aus der Gemeng.

Et sinn eng Rei vu Mesuren, déi mer do sollen an nächster Zäit huelen, an dofir wier ech och ganz frou wann de Gemengerot deem haut géif zoustëmmen, fir datt mer an däer Saach kënne lass fueren - wann een dat esou ka soen - an eis Kommissiounen och nach opfuerdere fir do matzeschaffen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech fannen, datt esou eng Charta natierlech ganz wënschenswäert ass, well mir jo ëmmer antriede fir d'Gläichberechtegung tëscht Mann a Fra. Ech weess zwar och elo net direkt wéi wäit sech de Schäfferot bewosst ass, ob wat hie sech do aléisst. Well ech hat mer dann och d'Aarbecht gemaach fir dat Ganzt duerchzeliesen. Do steet dran ' ... la commune de Pétange entreprends ...' ee Mol, ' ... la commune de Pétange doit assurer ...' ee Mol, ' ... la commune de Pétange prendra toutes les mesures ...' ee Mol, ' ... la commune de Pétange devra prendre l'engagement ...' ee Mol, ' ... il est de sa responsabilité ...' ee Mol, an ' ... la commune de Pétange se charge ... ' 12 Mol, an ' ... la commune de Pétange, s'engage ...' 28 Mol.

28 Mol steet an der Charta ' ... la commune de Pétange s'engage ...'. Do musse mer awer nach e bësse Gas ginn, well wa mir déi Charta ënnerschreiwen, da musse mer eis och drun halen.

Ausserdem steet e puer mol dran, datt mer opgefuerdert gi fir Sensibiliséierungs- an Opklärungscampagnen ze maachen, an dat an den heefegste Sproochen, déi an eiser Gemeng geschwat ginn. Mir leeën eis ganz wäit aus der Fënster, wat natierlech ze begréissen ass, mä mer mussen et maachen.

Dann ass mer nach opgefall, datt mer deen Text - ech denken, datt et Syvicol ass, iwwerholl hunn, well de Syvicol steet am Masculin, an an der Charta muss 12 Mol en 'il' duerch en 'elle' ersat ginn, well et ëmmer 'la commune de Pétange' ass.

Da musse mer - wa mer déi Charta bis ënnerschriwwen hunn - och heibannen, an eisem klenge Gremium oppassen, wat mer zu wéi enge Fäll vun eis ginn. Mir dierfen dann heibannen net méi einfach esou drop lass schwätzen, wann iwwer een anert Geschlecht hei Rieds geet.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Här Becker, mir si jo scho längst am gaange fir an der Chancegläichheetspolitik eng gutt Aarbecht ze maachen. Mir maache jo schonn Informatiounsowender. Mir maachen Opklärungsversammlungen, an do sti mer jo - wann een dat esou ka soen - net hannert der Heck. Mir hunn esougutt Informatiounsversammlunge fir eis auslännesch Matbierger ewéi och fir d'Lëtzebuerger. Do brauche mer eis no

baussen net ze scheie fir ze soen, datt mer um gudde Wee sinn.

An ob elo an der Charta 'il' oder 'elle' steet, esou ass wuel keen heibannen, deem en Zack aus der Kroun fält, wann eemol zevill 'il' oder 'elle' do steet. Esou kriddeleg ware mer bis elo nach net, an ech ka mer wuel kaum virstellen, datt dat an der Charta esou ugeholl gëtt.

Et ass eis jo och keng Zäit gesat ginn, a wellechem Kontext mer déi ganz Ëmsetzung vun den Artikele solle maachen. Mir hunn 2 Joer Zäit fir iwwerhaapt en Aktiounsplang op d'Been ze stellen. Mir hunn do schonn eng ganz Saach stoe fir elo schonn esou een Aktiounsplang ze lancéieren. An 'au fur et à mesure' wéi dat Ganzt kënnt, kënne mer eis jo och weider dran aschaffen. Ech hu vum Syvicol selwer aus mat dru geschafft fir déi ganz Saach auszeschaffen, an ech muss soen, datt ech et perséinlech eng gutt Saach fannen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Natierlech fannen ech et och eng gutt Saach, mä deen 'il' an 'elle', deen hutt dir falsch verstanen. Dat ass ee grammatesche Feeler, deen am Text steet. Déi 12 Mol muss dee geännert ginn. Ech hu mer och d'Méi gemaach fir all Artikelnummer an d'Säit erauszeschreiwen, an ech ginn iech déi gären. Et sollt elo net als Reproche geduecht sinn. An ech weess och, datt mer als Gemeng scho vill gemaach hunn, an ech weess och, datt mer um gudde Wee sinn. Ech wollt nëmmen nach eng Kéier ze bedenke ginn, datt déi Charta super ass, an datt mer eis domatter engagéieren.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Däers ware mer eis bewosst, - wou mer de Punkt haut op d'Dagesuerdnung geholl hunn - datt mer do wëllen an eng Richtung goen, bei däer mer net solle vergiessen, datt mer eng Charta ënnerschriwwen hunn, an datt mer och dorunner musse schaffen.

Carlo Gira (CSV):

Ech deelen d'Bedenke vum Här Becker e bëssen. Ech hunn och eng Analys gemaach, déi a verschiddene Punkte vläicht iwwerspëtzt ass. Et kéint ee ganz vill zu dëser Charta soen. Et ass eng Absichtserklärung, déi zimlech wäit, an a mengen Ae vläicht ze wäit geet. An ech froe mech, ob mir vun der Gemeng aus dat alles kënnen initiéieren.

Eng éischt Fro ass mer u sech scho beäntwert ginn. Well den Aktiounsplang schéngt jo vun der Chancëgläichheetskommissioun opgestallt ze ginn.

Fir mech ass et awer schonn e Widdersproch, datt dës Charta an der enger oder anerer Gemeng um internationale Fraendag feierlech ënnerschriwwen oder virgestallt ginn ass. Dës Charta zielt dach drop, datt et ëm Gläichstellung vu Mann a Fra geet, an dat ob alle Gebidder.

Ech sinn der Meenung, datt d'Gemengeverantwortlech scho vill erreecht hätten, wa se sech géingen ëm dat këmmere wat alleng d'Gemeng ugeet. Et stellt ee sech d'Fro, wéi wäit d'Gemeng op d'Gesellschafts- an d'Veräinsliewe kann awierken.

Da ginn et och nach Contradictiounen. An der leschter Sëtzung ass mer gesot ginn, datt bei der Kannerbetreiung déi Kanner Virrecht hunn, déi regelméisseg kommen. An der Charta steet awer, datt miissten all Kanner gläich behandelt ginn.

Wann ech de Punkt 1 ënner dem Artikel 5 liesen, wou steet '... la commune de Pétange se charge de collaborer avec tous ses partenaires du secteur public et du secteur privé aussi bien que ceux issus de la société civile de promouvoir une plus grande égalité des femmes et des hommes dans tous les aspects de la vie sur son territoire ...', ass dat net iergend eng Utopie? Well do gräife mer erëm eng Kéier op de Privatsecteur zeréck.

Wa mer dann d'Paritéit kucken, da kéint ee vläicht iwwerspëtzt soen, datt d'Léierinnen an d'Educatricen et schwéier kréie fir an Zukunft an dëser Gemeng nach eng Ustellung ze kréien.

Musse mer dann och drop awierken, datt d'Fraen a Mammen och elo Männer a Pappen ophuelen?

Wann d'Gemeng dofir ze suergen huet, datt seng Ugestallten an engem bescht méiglechsten Environnement schaffe mussen, mécht d'Gemeng dann och regelméisseg Miessunge fir Schuedstoffemissiounen, sief dat an de Büroen oder och an den Atelieren?

Ech kéint dës Lëscht nach laang fortféieren, mä ech beschränke mech nach just op ee Punkt, an deem et ëm ëffentlech Bibliothéiken - ech betounen an der Méizuel - geet, a wou mer no menge Kenntnisser emol net eng ëffentlech Bibliothéik hunn. Ech hu mech bekanntlech schonn öfters dofir ausgeschwat.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dir hutt elo ganz vill Punkten ugeschwat. A wann der elo d'Gemengepersonal uschwätzt, da mengt een, datt dir gëschter net dobäi waart, wou mer um Rez-de-chaussée vum Gemengenhaus déi nei, flott Raimlechkeeten ageweit hunn, mat alle Conformitéiten, a wou esougutt Fraen a Männer zesumme kënne schaffen.

Dir gitt och op d'Educatricen an. Mir kënnen do awer nëmme mat deene Meedercher danzen déi mer hunn. Wa mer nëmmen Educatricen hunn, déi sech op eng Plaz an enger Crèche mellen, da kënne mer selbstverständlech keng Männer astellen.

Dir schwätzt och vun de Bibliothéiken. Mir hunn d'Amis de l'histoire. An do kann all Mënsch mëttes higoen. Do hu mer eng Bibliothéik wat eis Gemeng ugeet. An ech weess net, ob vill aner Gemengen esou eppes opweises hunn.

Ech kéint déi Lëscht och nach weider féieren, mä ech géif mengen, datt dat e bësse wäit géif goen.

Wann dir dat doten alles kuckt, an dir analyséiert et, da sinn ech der Meenung, datt mer um gudde Wee sinn, a mer hu scho ganz vill gemaach.

Carlo Gira (CSV):

Ech wëll net ofstreiden, datt hei net villes gemaach gëtt. Mä déi Charta, déi ass jo net nëmme fir eis Gemeng, mä vill all d'Gemengen. An da gëtt et schwéier fir se wierklech bis an dee leschten Detail ëmzesetzen. Besonnesch well dat Privat jo och ugeschwat gëtt, a mir sollen emol fir d'éischt dat maache wat eis als Gemeng betrëfft.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mir sinn am gaangen dat ze maache wat eis als Gemeng ugeet. An dat maache mir 15, déi heibanne sëtzen, bis elo gutt. Dat ass op jiddwer Fall meng Meenung.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Zu deem Fall hei wollt ech nach soen, datt mer heimatter fir d'éischt emol eng Absichtserklärung maachen, vun deem wat mer wëlle maachen. Ech muss och soen, datt et en ambitiéise Programm ass, datt et e Programm ass, deen net an enger Woch oder engem Mount ze maachen ass. D'Ëmsetzen dovunner leeft iwwer eng laang Zäit, dat ass richteg. Mä ech géif scho soen, datt - wat d'Eszens ubelaangt vun deem wat an deem Programm steet - een eigentlech domatter miisst d'accord sinn. Ech gesinn elo näischt, wou ech géif soen, datt ech e Problem domatter hätt. Mä datt et sécherlech net einfach ass, an datt et och net an engem Mount ze realiséieren ass, dat si mer eis och bewosst. Mä mir sollen eis, mat däer Décisioun déi mer elo hei huelen,

deen néidegen Usporn ginn, déi néideg Dynamik ginn, fir an deem Beräich ze schaffen. A wa mer dat erreecht hunn, dann hu mer scho vill gemaach. Mir hunn och schonn aner Charten ënnerschriwwen, mat deene mer eis och engagéiert hunn, an déi och wäit gaange sinn. Mä alleng domatter datt de Gemengerot seet, datt mer op dee Wee ginn, dokumentéiere mer awer, datt et fir eis e wichtegt Thema ass an datt de Gemengerot sech wëll mat deem Thema beschäftegen.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech wëll nach eppes bäiflécken. Virdrun hu mer vun der Kris geschwat, vun den Indemnitéiten. Mir sinn am gaange mat deene Charten, a mat all deene Gespréicher, déi Kris ze vergiessen. Dat do si Saachen, déi vill méi kaschte wéi déi puer Euro bei den Indemnitéiten.

Accord à l'unanimité.

6.8.

Administration générale.

Autorisation d'ester en justice: commune c/ syndic Foris Immobilière s.à r.l. - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei geet et ëm eng Agence immobilière, déi eng Rechnung am Zesummenhang mam Waasser formellement kontestéiert. Laut eisen Techniker ass et awer ganz kloer, datt de Waasserverbrauch esou héich war wéi dat, wat verrechent ginn ass. Dobäi ass et mat 459 Euro scho kee klenge Betrag méi. Mä et ass awer nach kee Betrag, deen elo aussergewéinlech wier. Dofir freet de Schäfferot de Gemengerot fir d'Recht ze kréie fir déi néideg Schrëtt ze ënnerhuele fir déi Suen anzedreiwen.

Accord à l'unanimité.

7.1.

Propriétés.

Cession d'une contre-emprise sise à Pétange, lieu-dit 'Rue Batty Weber' à M. Georges Schmartz, de Pétange - décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dës Contre-emprise huet eng Gréisst vun 15 ca, an d'Cessioun mécht sech gratis.

Approbation à l'unanimité.

7.2.

Propriétés.

Contrat de bail avec M. Jean-Marie WAGENER pour la location d'un terrain communal sis à Pétange, Cité CFL - approbation

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm d'Locatioun vun engem klengen Terrain vun 57 ca, deen an der Cité CFL läit. Den Här Wagener war un eis erugetruede fir deen Terrain ze kréien, well hien e wéineg wëll do stockéieren. D'Locatioun soll den 1. Abrëll ugoen, an de Bail gëtt automatesch vu Joer zu Joer verlängert. Mir verlounen dem Här Wagener deen Terrain fir de symboleschen Euro. Hien ass awer verflicht no deem Terrain ze kucken an en an der Rei ze halen.

Approbation à l'unanimité.

7.3.

Propriétés.

Avenant au contrat de bail conclu avec Mme Gaby SCHAMMO pour l'exploitation de la buvette du centre sportif à Pétange - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dir wësst alleguer, datt mer zanter September 2008 gréisser Aarbechten an der Péitenger Sportshal hunn. An d'Madame am Café huet jo doduerch zimlech Inconvénienten. Si huet duerch déi Aarbechten och grouss Aboussen an hirem Revenu, well d'Leit net méi esou vill dohinner kommen. Et ass e Schantjen do, et ass Dreck do, an och mam ganze Stockage ass se reduzéiert. Mir hu mat der Madame Schammo geschwat an hir proposéiert fir eng Réductioun vum Loyer vu 500 op 250 Euro ze maachen, an zwar vum 1. Oktober 2009 bis zum Enn vum Schantjen. A fir déi Zäit vun deem Moment u wou de Schantjen ugaangen ass bis elo, a wou de volle Loyer bezuelt ginn ass, soe mer zu der Madame, datt se vun elo bis den Oktober 2009 kee Loyer brauch ze bezuelen. Mir kënnen et net retroaktiv maachen, an dofir hu mer et elo esou gemaach, an dat ass och zur vollsten Zefriddenheet vun der Madame Schammo.

Mir hoffen, datt mer och an den Délaie kënne bleiwen, an datt d'Madame net nach zevill Inconvénienten an deenen nächste Méint kritt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat heescht, mat deem Gescheck huet se fir déi ganz Zäit vum Schantjen nëmmen deen hallwe Loyer bezuelt.

Norbert Pierre (LSAP):

Wann ee sech déi Saach elo ukuckt, da kéint ee mengen, datt am Oktober 2009 d'Schwämm esou wäit fäerdeg wier.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech sinn net esou ganz iwwerzeegt dovunner, datt d'Schwämm bis dohinner fäerdeg ass. Mä vum Oktober 2009 u bezilt se jo och nëmme méi d'Halschent vum Loyer. A bis den Oktober bezilt se elo näischt méi, fir dat ze kompenséieren, wat se duebel virdru bezuelt huet. Mä ech ka mer net virstellen, datt d'Aarbechte bis den 1. Oktober ofgeschloss sinn. Mir hunn d'Ausschreiwunge gemaach, an den Inox-Basseng soll ab September / Oktober geliwwert ginn, esou datt mer net scho kënnen den 1. Oktober fäerdeg sinn.

Et ass och e risege Projet. Wann ee kuckt, wat do geschafft gëtt, esou ginn do 7 Milliounen Euro verschafft, a datt een dat an engem gudde Joer mécht ass bal Utopie.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech fannen et gutt, datt d'Madame Schammo déi Réductioun vum Loyer kritt. Well et ass wierklech net an deem Schantjen ze liewen, an et muss ee schonn Iddi hu fir an esou Conditiounen iwwerhaapt nach weider ze schaffen.

Approbation à l'unanimité.

8.

Prévision sociales.

Convention avec le centre d'animation et de guidance pour personnes âgées 'Club Senior Prënzebierg asbl' pour l'exercice 2009 - approbation.

Gilbert Welter, Schäffen:

Eis Gemeng ënnerstëtzt och dëst Joer nees finanziell de Club Senior Prënzebierg. D'Schäfferéit hunn de 14. Januar 2009, an zwar déi aus de Gemengen Déifferdang, Suessem, Käerjeng a Kënzeg, déi alljährlech Conventioun mat dem Centre d'animation et de guidance pour personnes âgées Club Senior Prënzebierg fir den Exercice 2009 ënnerschriwwen.

De Club Senior stellt alle Matbierger aus deene 5 Gemengen, déi iwwer 50

Joer al sinn, eng ganz Rei vu Servicer a Manifestatiounen zur Verfügung. Hir Missioun besteet doranner fir déi eeler Leit an eis Gesellschaft ze integréieren, d'Kontakter hirzestellen, hinnen Hëllef unzebidden, Animatioun a Loisirs iwwer d'ganzt Joer unzebidden a Konferenzen ofzehalen. Mir haten och däer Konferenzen d'lescht Joer hei zu Péiteng, a mer wäerten och nees dëst Joer Konferenzen iwwer de Club Senior hei organiséiert kréien.

De Fréijoers- an de Wanterprogramm, deen an enger Brochure festgehale gëtt, kréien d'Leit iwwer 50 Joer zougestallt. Lëtzebuerger Museksowender, Rallyeën, Berodung, Computer an Handy, Kino, Shoping, Bingo, asw., all déi Saache gi vun hinnen organiséiert. Am Ganze kritt de Club Senior fir d'Personalkäschten 292.000 Euro, dovunner 87% vum Stat. Et bleiwe fir déi 5 Gemengen 13%, dat sinn 37.959 Euro. Vun deene Fraise bezilt eis Gemeng 9.490 Euro, dat sinn op d'Populatioun vun deene 5 Gemengen gerechent 25% fir eis. Dobäi kënnt och eisen Deel vum Loyer. Deen Deel läit liicht ënner 7.000 Euro. Dat mécht fir eis en Total vu ronn 16.500 Euro. Dëst si ronn 200 Euro méi wéi d'lescht Joer, bedéngt duerch d'Peie vum Personal.

Approbation à l'unanimité.

9.

Enseignement.

Contrat de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat si Kontrakter, déi mer esouwuel mat Leit ënnerschriwwen hunn, déi an de Spill-, Primär- a Musekschoulen, esou wéi an de Maisons relaisen ersat hu well Leit krank waren, respektiv a Formatioun oder iergendwéi fort waren. Dat ass eng Prozedur, déi ab dem 15. September u wäert wesentlech zeréck goen, well mer da mat engem groussen Deel vun deem Personal näischt méi wäerten ze dinn hunn, datt heescht mat deem Personal, dat an eise Spill- oder Primärschoule schafft.

Ratification à l'unanimité.

10.

Sports et loisirs.

Piscine de Rodange: avenant à la convention d'achat exclusif et mise à disposition de matériel pour la buvette et toutes les annexes avec la société Munhoven d'Ehlerange - approbation.

Gilbert Welter, Schäffen:

De Gemengerot hat den 25. Abrëll 2005 eng Conventioun mat der Firma Munhoven guttgeheescht. Festgehale gouf, datt mer an der Rodanger Schwämm eist Gedrénks exklusiv bei der Firma Munhoven - déi zum Grupp Bofferding gehéiert - kafe géifen. Als Contre-partie krute mer fir eis Buvette d'Zapinstallatioun, de Mobilier an d'License de cabaretage. Weider Hëllefe krute mer, wéi mer déi zweet Buvette am Chalet an der Wiss installéiert hunn. Dës Conventioun kënnt de 25. Abrëll 2009 zur Echéance. De Schäfferot huet en éischten Avenant zur Conventioun ënnerschriwwen, mat deem eenzege Changement, datt d'Conventioun ëm 5 Joer verlängert gëtt anstatt datt se elo vu Joer zu Joer lafe soll. Dëst ass e Wonsch vun der Brauerei. Den estiméierten Ëmsaz an der Rodanger Schwämm gouf duerch déi schlecht Summeren déi zwee lescht Joeren net ganz erreecht. Mam Changement vun der Dauer vun der Conventioun ass awer déi weider gutt Zesummenaarbecht tëscht der Bofferdings-Brauerei an der Gemeng garantéiert.

Approbation à l'unanimité.

11.

Questions des conseillers communaux.

Néant

Séance publique du 23 avril 2009

Durée de la séance: *15.00 à 16.45 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP) - jusqu'au point 10. inclus)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Albert Muller, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Lily Gansen, conseiller (LSAP) - à partir du point 11.
	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos

1. Personnel
   1.1. Nomination définitive du nouveau secrétaire communal - décision.
   1.2. Nomination d'un assistant d'hygiène social ou d'assistant social (m/f) à tâche partielle et à durée indéterminée - décision.
   1.3. Affaire disciplinaire – décision.

Séance publique

2. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
3. Administration générale
   3.1. Titres de recettes: déclarations diverses – approbation.
   3.2. Rénovation et transformation du bâtiment administratif à Pétange, place du Marché – approbation du décompte actualisé et vote d'un crédit additionnel - décision.
4. Propriétés**.**
   4.1. Vente d'une contre-emprise et d'une parcelle sises à Pétange, lieux-dits «rue du Parc» et «route de Luxembourg», à M. et Mme Nicolas Majeres-Hansen de Pétange – décision de principe.
   4.2. Cession, d'une emprise sise à Lamadelaine, rue Titelberg, à M. Stéphane Biver de Lamadelaine – décision de principe.
   4.3. Échange de parcelles, avec l'Etat luxembourgeois, dans le cadre du contournement de Pétange – approbation de l'acte.
5. Ordre public: prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion des braderies de 2009 – décision.
6. Personnel**.**
   6.1. Fixation des emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux – nouvelle décision.
   6.2. Création d'un poste de salarié handicapé (m/f) dans le service des espaces verts - décision.
   6.3. Maisons Relais – création d'un poste d'éducateur (m/f) - décision.
7. Prévisions sociales: Aide aux sinistrés – subvention au profit des victimes du tremblement de terre en Italie – décision.
8. Enseignement.
   8.1. Organisation scolaire 2009/2010 – répartition des classes - décision.
   8.2. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification.
   8.3. Bilan financier des Classes de Neige 2009 - décision.
   8.4. Décision de principe relative à la construction d'une Maison Relais et de quatre salles pour l'éducation précoce à Pétange - décision.
9. Sports et loisirs: hall polyvalent à Rodange – approbation du décompte provisoire actualisé et vote d'un crédit additionnel - décisions.
10. Cultes: église paroissiale de Rodange – remplacement de la chaudière – approbation du devis et vote d'un crédit spécial – décisions.
11. Vie associative.
    11.1. Nouveau règlement sur l'octroi des subsides aux sociétés - décision.
    11.2. «Association des Parents d'Élèves de l'École Portugaise de Rodange/Lamadelaine» – changement des statuts.
12. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

1.

Le point 1 de l'ordre du jour a été traité en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

M. Raymond Kimmes est nommé définitivement aux fonctions de secrétaire communal avec effet du 1er juillet 2009.

Mme Mady Wantz-Olinger est nommée aux fonctions d'assistante sociale à tâche partielle (20h/semaine) à durée déterminée avec effet du 1er septembre 2009.

2.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Da maache mer elo déi ëffentlech Sëtzung op. Mer wëllen informéieren, datt den Här Pierre sech entschëllegt huet. Bei Punkt 2 géife mer zwou Kommunikatioune maachen. Déi éischt ass, datt mer haut zwou Personalfroe gekläert hunn.

Der wësst, datt den Här Majeres an der leschter Sëtzung an d'Pensioun entlooss ginn ass, wann een dat esou ka soen. A mer brauchen en neie Gemengesekretär a mer hunn haut entscheet, datt den Här Raymond Kimmes, deen och elo schonn „faisant fonction" ass, deen neie Gemengesekretär vun der Péitenger Gemeng gëtt. A bis dohinner mécht hien den Interim, dat heescht, bis deen offiziellen

Datum, op deem den Här Majeres Niki an der Pensioun ass. Mer wëllen him félicitéieren a mer hoffen – esou wéi hien dat selwer virdrun an der Séance secrète gesot huet -, datt en dat esou gutt mécht wéi säi Virgänger, den Här Nicolas Majeres.

Dann hu mer eng zweet Entscheedung geholl wat d'Personal ugeet. Der wësst, datt eisen Assistant d'hygiène social, den Här Georges Engel, Buergermeeschter vun der Suessemer Gemeng ass. Deen huet esou gutt ewéi och de Buergermeeschter vun der Gemeng Péiteng Usproch op eng voll Tâche als Buergermeeschter. An dofir hu mer keen Assistant d'hygiène social fir eis Schoule méi. Mer haten en Appel gemaach a mer hunn och véier Kandidaturen erakrut. Mer hunn elo just entscheet, datt d'Madame Mady Olinger épouse Wantz dësen Hallefdaags-Poste fir eis Schoulen an der Péitenger Gemeng kritt. Si, zesumme mat der Madame Rita Wagener, déi zoustänneg ass als Infirmière fir de Volet vun der Schoulmedezin, wäerten dann d'Aufgaben iwwerhuelen, déi virdrun den Här Engel gemaach huet. Den Här Engel war zu 90% agestallt, déi zwou Damen hunn eng Tâche vu je 50%.

Da géif ech zu engem zweete Punkt kommen, wou mer iech gären eng ganz positiv Informatioun ginn. An dofir géif ech dem Här Welter elo d'Wuert ginn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Dir Damen, dir Häre, d'Syndikat Minett Kompost vu Monnerech huet als Zil eng héich Qualitéit vu Kompost ze produzéieren. Dofir gi bei de Gemengeliwwerunge vum Biomüll aus deene gréngen Dreckskëschte regelméisseg Analysen duerchgefouert. Minett Kompost huet eis dann den 15. Abrëll d'Resultater fir eis Gemeng matgedeelt vun deene Stoffer, déi net kompostéiert kënne ginn esou wéi zum Beispill Plastik, Glas oder Metall, déi am Biomüll fonnt goufen. Laut hirem Reglement ass 3% ganz schlecht an d'Liwwerunge kënnen dann esouguer gestoppt ginn. D'Resultater ënner engem Prozent leien am gudde bis ganz gudde Beräich. D'Moyenne vun de Stoffer, déi net an déi gréng Dreckskëscht gehéieren, läit bei 1,33 %. An dat bezitt sech op all d'Liwwerungen, déi zu Monnerech ukommen.

D'Péitenger Gemeng huet en exzellent Resultat a läit bei 0,68 %, dat bescht Resultat zanter zéng Joer. An deenen 0,68 % waren 15% Plastik, 2% Glas, 2% Metall, 67% beschreifbare Pabeier a 15% aner Saachen wéi zum Beispill Wëndelen oder Kleeder. Eisen Tonnage fir 2008 louch bei 1.732,87 Tonnen.

Minett Kompost proposéiert an hirem Schreiwes, dës gutt Resultater ze publizéieren als Motivatioun fir eis Bierger respektiv fir hinne Merci ze soe fir déi gutt Zesummenaarbecht.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also Félicitatiounen un eis Bierger, well si hunn dëst Luef verdéngt.

3.1.

Administration générale.

Titres de recettes: déclarations diverses - décisions.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der gesidd, datt mer a leschter Zäit zimlech vill Sue kruten. Net manner wéi 15,2 Milliounen Euro. Dat si fir de gréissten Deel nach Saache vun 2008, wou mer eng ganz Rei Recette kritt hunn ewéi de Remboursement vum Stat fir d'Musekschoul. Dat sinn 705.800 Euro. Dann och nach déi 4. Tranche bis zum Solde vun der Dotation de l'Etat. Dat sinn 7 Milliounen Euro. An dann ënner anerem awer och schonn en Deel vum Joer 2009, also déi éischt Avancen. Dat heescht d'Gewerbesteier mat 3,045 Milliounen Euro an d'Avance vum 2. Trimester vum Joer 2009 vun der Dotation de l'Etat mat 2.730.000 Euro, esou datt mer nieft alleguer deene méi klenge Recetten eng Recette hunn, déi sech op 15.244.557 Euro beleeft. Bei Froe sti mer gäre bereet fir iech Äntwerten oder Erklärungen ze ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Der hutt och schonn eng Explikatioun ginn. Bei der Dotation de l'Etat, dee Solde vun 2008. Bei deene 7 Millioune sinn 4,9 Milliounen Avance vum 4. Trimester, esou datt eis nach par rapport zum rektifizéierte Budget 1,9 Milliounen Euro „surplus" zoustinn.

Bei den Avancë vum 1. an 2. Trimester vun der Gewerbesteier, dat ware jo ronn 3,045 Milliounen Euro, do steet ënnen „L'Etat a retenu 3,045 millions d'euros pour traitement d'enseignants 2008". Dat heescht, se ginn eis se a mer kréien se dann net.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst jo, datt mär vun alle Schoulmeeschteren een Drëttel vun der Pei mussen un de Stat zeréckbezuelen. Déi aner zwee Drëttel bezilt de Stat. An hie schéckt eis all Joer ëm dës Zäit, also am Abrëll, eng Rechnung vun deem Joer virdrun. An déi beleeft sech dës Kéier op eppes méi wéi dräi Milliounen. Dat ass méi oder manner déi Zomm, déi mer och an deene Jore virdrun haten. Do louche mer bei 2,950 Milliounen Euro. Dat ass am Fong eis Participatioun un der Pei vun de brevetéierte Schoulmeeschteren, déi bei eis an de Schoule schaffen. Déi wäerte mer an Zukunft, wann d'Schoulmeeschteren elo komplett vum Stat iwwerholl ginn, manner kréie bei der „Dotation de l'Etat". Dat ass jo esou – géint de Wëlle vun de Gemengen a vum Syvicol – an d'Gesetzgebung vun däer neier Schoul agedroe ginn. Dat muss een och ganz kloer soen. Mär hunn eigentlech am Syvicol gesot, et wier „décideur-payeur", a wann de Stat alles géif entscheeden, da misst en och alles bezuelen. Dat ass awer elo net zeréckbehale ginn an der Chamber. Et ass elo esou, datt mer déi einfach ewechgehale kréien an datt mer se an Zukunft och manner am Budget stoen hunn.

Accord à l'unanimité.

3.2.

Administration générale.

Rénovation et transformation du bâtiment administratif à Pétange, place du Marché – approbation du décompte actualisé et vote d'un crédit additionnel – décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass iergerlech, datt een ëmmer mat esou Saachen zeréckkomme muss well do gewësse Leit op däer richteger Plaz – déi och nach dofir bezuelt ginn – hir Aarbecht net richteg maachen. Mer hunn am Dezember 2008, wéi mer de Budget hei diskutéiert hunn, den Dekont vum Verwaltungsgebai doiwwer definitiv virgeluegt. Dobäi hu mer nach gesot, datt et 10 a 15 Joer gedauert huet bis mer dat Gebai fäerdeg kritt hunn an datt mer frou wieren, fir dat endlech ofzeschléissen. A wou et do fäerdeg war, do ass vum Architektebüro Frank Thoma, deen dat Ganzt koordinéiert a kontrolléiert huet, festgestallt ginn, datt nach zwou Rechnungen opstoungen an nach net bezuelt waren. Déi hate vergiess, se an den Dekont mat eriwwer ze huelen. Dat war en Dekont vun der Entreprise Lutgen hei vu Péiteng an och vum „Bureau de contrôle" Secolux vun der „assurance décennale". Dat waren engersäits bal 20.000 Euro an anerersäits 8.000 Euro.

En huet och festgestallt, datt en am Dekont vu senge Rechnunge vun den Honorairen och eng Differenz vun 13.000 Euro hat. Dat war e Rechefeeler, esou datt am Ganzen en theoretesche Solde opstoe blouf vun 41.684,29 Euro. Mer haten nach Kreditter reportéiert vun 10.657,97 Euro, esou datt ënner dem Stréch 31.027 Euro géife feelen.

Mer bedaueren, datt mer nodréiglech nach eng Kéier hu mussen an de Gemengerot zeréckkomme well den Architektebüro wierklech do an senger Aarbecht gelappt huet. Mer sinn am grousse Ganzen – an dat däerf een och hei soen – net zefridde gewiescht mat der ganzer Koordinatioun. Ech war e puer Mol op der Plaz an d'Madame Conter duerno. Mer hunn den Architekt ni op der Plaz gesinn, et waren ëmmer Subalternen do. An d'Endrechnung beweist jo och, datt et kee ganz gutt koordinéierte Betrib ass. Bon, mer kënnen awer net deene Leit, déi nach Suen zegutt hunn, déi ophalen. Mer hunn och keng rechtlech Moossname fir hien ze strofen. Dat sinn einfach déi Kontrakter vum „Ordre des architectes et ingénieurs". Do steet näischt dran, datt, wann een eppes vergësst dran ze setzen, en da gestrooft ka ginn. Just wann en eng „faute professionnelle" mécht kann een emol e Recours maachen. Et bleift eis héchstwahrscheinlech näischt aneschters iwwereg ewéi hei e Kredit nozestëmme fir datt déi Leit, déi nach Suen zegutt hunn, endlech an de Genoss dovunner kommen.

Eis finanziell Situatioun – net nëmmen doduerch, datt mer déi 15 Milliounen elo kritt hunn – ass esou, datt mer dat kënne maachen. Mee mer bedaueren et mat iech.

Roger Klein (LSAP):

Wann ech d'Ebauche vun der Délibératioun liesen, do steet eng *Dépense effective* vun 2.378.000 Euro. Am provisoreschen Dekont vum 17. Abrëll hu mer dann 2.337.000 Euro. Wéi erkläert sech déi Differenz respektiv wat fir eng Zomm ass elo richteg?

Roland Breyer, Schäffen:

Déi 41.684 Euro kommen nach derbäi.

Accord à l'unanimité.

4.1.

Propriétés.

Vente d'une contre-emprise et d'une parcelle sises à Pétange, lieux-dits «rue du Parc» et «route de Luxembourg», à M. et Mme Nicolas Majeres-Hansen de Pétange – décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et geet ëm d'Kadasternummeren 580/9020 an 580/9021. Et ass je een Centiar. Dat Ganzt ass évaluéiert ginn, an et sinn zwee verschidde Präisser erauskomm. Wat an der Parkstrooss läit, dat ass fir 8 Euro, den Ar ass hei 750 Euro. An déi Parzell an der Lëtzebuerger Strooss huet e Präis vun 400 Euro well de Präis pro Ar do bei 40.000 Euro läit. Dat Ganzt ass also eng Geschicht vun 408 Euro.

Accord à l'unanimité.

4.2.

Propriétés.

Cession, d'une emprise sise à Lamadelaine, rue Titelberg, à M. Stéphane Biver de Lamadelaine – décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm 24 Centiar an der Sektioun B zu Lamadelaine, rue du Titelberg. D'Kadasternummer ass 201/2925, Lot B.

Jeannot Linden (LSAP):

Dat gëtt jo gratis ofgetrueden. Op dem Blat 42 ass jo deen Deel do opgezeechent. Mee dee Strécht kënnt do och no baussen. Ass dat mat do dran? De Buchstaf B ass jo dran, an ënnen den C och?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Déi Spëtz do ass mat dran. Et ass déi ganz Längt.

Accord à l'unanimité.

4.3.

Propriétés.

Échange de parcelles, avec l'Etat luxembourgeois, dans le cadre du contournement de Pétange – approbation de l'acte.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dee ganzen Echange läit schonn eng laang Zäit zeréck. Elo si mer awer endlech esouwäit, datt nei Miessunge gemaach goufen a wou mer och elo emol e bësse méi kloer dra gesinn. En éischte Compromis war den 6. Abrëll 1998 geschriwwen an den 25. Mee 1998 vum Gemengerot guttgeheescht ginn. Deen zweete Compromis gouf den 27. Januar 1999 geschriwwen an den 17. Mee 1999 vum Gemengerot guttgeheescht. Hei komme mer dozou fir dee ganzen Acte, deen elo ganz nei geschriwwe ginn ass, guttzeheeschen.

Et geet dodrëm, datt d'Gemeng dem Stat Terrainen ofginn huet, déi zum Deel op Nidderkäerjenger Bann leien. An zwar an der Lénger Sektioun. Ech wëll se net alleguer oplëschten, well et der zevill sinn. Wou der dann och leien, dat ass an der Gemeng, an zwar an der Sektioun Péiteng. Mer hunn och nach Terrainen an der Sektioun Lamadelaine leien. Déi dräi Sektiounen zesumme ginn 587,24 Ar.

Dogéint huet awer och de Stat un d'Gemengen ofgetratt. An zwar an der Sektioun Lénger, an der Sektioun Péiteng an an der Sektioun Rolleng. Am ganze waren dat 229,31 Ar.

Dee ganzen Echange betrëfft och dräi verschidde Präisser. An zwar ass deemools esou gerechent ginn, datt fir eng Baach 6.000 Frang (al Lëtzebuerger Frangen) gerechent ginn ass. Fir Weeër 10.000 Frang a fir Terrainen um Contournement ass deemools 18.000 Frang gerechent ginn. Dat Ganzt ass elo an Euro ëmgewiesselt ginn, esou datt eng Schätzung gemaach gouf.

Déi Péitenger Gemeng huet am Wäert vun 254.989,23 Euro ofgetratt. De Stat huet un d'Gemeng am Wäert vun 64.970,04 Euro ofgetratt, esou datt mer vum Stat nach 190.019,19 Euro kréien. Dovunner profitéiere konnt een awer schonn den 1. Januar 1993. An an deem ganze Kontrakt steet, datt dee ganzen Echange och verbonne war mat Zënsen, déi dee Moment ufänken ze lafen, wou d'„entrée en jouissance" ugefaangen huet. Mär hunn u sech nach Zënsen op déi Zomm do ze kréien, an dat vun 1993 un. Déi sinn an deem heite Präis nach net mat dran. De Stat huet sech ausgehal fir déi nach auszerechnen, an déi géinge mer dann eng Kéier nokréien, esou datt mer dann an deenen nächste Méint nach eng gewëssen Zomm géife stëmmen, déi mer da vum Stat nach zegutt hätten. An dann hätte mer dee Package, wat jo eng gréisser Saach war, ee fir allemol regulariséiert.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech wollt an deem Kontext froen, wou mer mat de Propriétéitsverhältnisser beim Péitenger Fussballsterrain stinn?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei ass alles mat dran, wat deemools am Echange war.

Romain Rosenfeld (CSV):

Dat kann awer fir deen Tariff net opgoen. Also ass dat nach ëmmer dem Stat säin.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dann ass dat nach dem Stat säin.

Romain Rosenfeld (CSV):

Mer miissten awer och kucken, do Propriétaire ze ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat do ass de Compromis, wou gemaach gouf. Dat anert muss ee kläre wann dat nach opsteet.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat hei si just 30 Meter nieft der Medialachs vum Contournement. Dat do sinn all déi Terrainen, déi drënner falen. Do waren der, déi mär als Gemeng kaf hunn, déi aner huet de Stat kaf. An elo gëtt dat regulariséiert. Et ass just den Tracé vum Contournement.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wéi gesot, et si Stroossen, Weeër an och dee klenge Weier hannen am Weissenbrill dran.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wéi gesot, wann dat net dran ass, da muss dat nogeholl ginn. Et muss e Compromis gemaach ginn. Fir eis war et wichteg, datt dat, wat am Compromis steet, och regulariséiert gouf. Et kann ee jo net e Compromis maachen awer keen Acte. A wann een d'Zënse kuckt, da wäerte mer dat selwecht nach eng Kéier un Zënse kréien.

Approbation à l'unanimité.

5.

Ordre public.

Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion des braderies de 2009 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst, datt mer regelméisseg am Ufank vum Joer déi verschidde fräi Nuechten um ganzen Territoire vun der Péitenger Gemeng, oder spezifesch an deenen eenzelnen Uertschafte festleeën. Mir hunn och elo déi zwee Datumen erakritt vun de Braderien. D'Braderie vu Rodange/Lamadelaine ass den 3. Juni an déi vu Péiteng den 18. Juli. Et geet elo elo drëm fir dës zwee Datumen an d'Lëscht vun de fräie Nuechte bäizeschreiwen.

Accord à l'unanimité.

6.1.

Personnel.

Fixation des emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux - nouvelle décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Hei geet et ëm eng Délibératioun déi mer am Dezember 2008 geholl haten iwwer de Cadre fermé an deene verschiddene Carrière vun de Gemengebeamten. Do war eppes falsch getippt oder gerechent gi bei der Carrière vum Expéditionnaire administratif. Do war am Grade 8 festgehale ginn, datt 3 Posten am Cadre fermé wieren, an am Grad 8 bis 2 Posten. Dat miisst awer just ëmgedréint sinn.

Déi Délibératioun, déi mer erageschéckt haten, hu mer erëm kritt, a mer sollen déi verbessert Versioun nach eng Kéier dem Gemengerot virleeën.

Accord à l'unanimité.

6.2.

Personnel.

Création d'un poste de salarié handicapé (m/f) dans le service des espaces verts - décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass esou, datt mer mussen e gewëssene Sold, dat si ronn 5%, an eiser Belegschaft erfëllen vu Leit, déi mer als Handicapéierteposte bekleeden. An dat war bis elo erfëllt. Den Här Nicolas Gindt war ee Moment reklasséiert ginn als 'travailleur handicapé' well hien e ganze Koup Problemer mat senger Gesondheet hat. Dat ass awer elo besser ginn, an et huet sech positiv évaluéiert, esou datt hien elo erëm vollwäerteg vum 1. Januar 2009 kann agesat ginn. Doduerch fält dann de Posten vum 'travailleur handicapé' ewech. Doduerch si mer awer net méi conforme zu de legale Virschrëften, hu mer an eisen Servicer nogefrot, wou nach en Handicapéierte kéint gebraucht ginn. De Chef vum 'département des espaces verts' wier averstane fir en Handicapéierten a säin Service opzehuelen. A well mer deen net virgesinn haten, musse mer dee Poste fir d'éischt schafen ier mer e kënne besetzen.

Jeannot Linden (LSAP):

Dee Mann war jo als 'travailleur handicapé' an engem Service. En ass jo elo erëm als Aarbechter agestallt ginn. Geet dann automatesch dee Poste fleeten?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dee Mann war klasséiert ginn. Elo kënnt deen nees als Aarbechter zeréck an domatter ass nees alles wéi et war. A fir de Solde kënnen ze erfëllen, schafe mer elo nach e Poste vum 'travailleur handicapé'.

Accord à l'unanimité.

6.3.

Personnel.

Maisons Relais – création d'un poste d'éducateur (m/f) – décision.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Säit der Aféierung vun de Chèques-service, sinn d'Demandë fir an d'Maisons relais drastesch an d'Luucht gaangen. Mir hunn elo haut eng 89 Kanner déi op der Waardelëscht bei eis an der Gemeng stinn. D'Demande geet dauernd an d'Luucht, a well mer an däer leschter Conventioun fir d'Maison relais vu Rodange 10 Plaze weider autoriséiert kritt hunn, an och nach e Sall do fräi hunn, wiere mer haut ganz frou, wa mer d'Schafe vun engem Posten als 'éducateur diplômé' zu 30 Stonnen d'Woch géife stëmmen, well da kéinte mer zu Rodange eng Klass weider schafen.

Lily Gansen (LSAP):

Ech wollt froe wou déi 79 Kanner op der Waardelëscht hierkommen? War den Undrang säit dem Aféiere vun de Chèques-service esou grouss?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Well de Chèque-service jo elo kann dofir genotzt ginn, kommen dauernd Leit, déi hir Kanner wëllen aschreiwen. Mä well mer jo awer schonn 'complet' sinn - ausser elo déi 10 Plazen, wat jo nëmmen eng Drëps op de waarme Steen ass - , musse mer déi aner op eng Waardelëscht setzen. Mä et sinn déi mannst, déi hir Kanner eraushuele wa se bis eng Plaz hunn. A bei eis an der Gemeng ass effektiv eng grouss Demande do.

Lily Gansen (LSAP):

Et ginn nääamlech Gemengen, wou ech weess, datt d'Demande guer net esou grouss ass. Dofir hunn ech dës Fro gestallt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech hu mer se extra erausschreiwe gelooss. Et sinn 72 Kanner, wou déi béid Eltere schaffen. Et sinn der 8 vun mono-parentaux an et sinn der 9 wou schonn ee vun de Geschwëster schonn an der Maison relais ass. Et sinn 89 Kanner déi mer nëmmen op der Waardelëscht stoen hunn.

Lily Gansen (LSAP):

Maache mer do eng Auswiel? Well wann déi Waardelëscht ëmmer méi grouss gëtt, da sinn der trotzdem drop, déi et méi néideg hu wéi anerer fir an der Maison relais opgeholl ze ginn. Well et ass och een Deel Commoditéit dobäi.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

D'Philosophie vun eis ass, datt mer virrangeg d'Mono-parentaux behandelen, well déi jo déi mannste Méiglechkeeten hunn. An da gëtt natierlech och

d'sozial Stellung vun deenen Eltere gekuckt, wou se zu zwee musse schaffe goen.

Lily Gansen (LSAP):

D'Betounung läit jo do och op 'mussen'.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass richteg. Et sinn och net ëmmer Grousselteren do, déi d'Kanner kënne versuergen, esou datt mer mussen op dee Wee goen an eise Choix treffen.

Accord à l'unanimité.

7.

Prévisions sociales.

Aide aux sinistrés – subvention au profit des victimes du tremblement de terre en Italie – décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

Den 6. Abrëll, eng Woch virun Ouschteren, gouf et e grousst Äerdbiewen an Italien, an zwar an der Regioun vun den Abruzzen, mat bal 300 Doudegen, Dausende vu Leit déi keen Daach méi iwwer dem Kapp hunn a virun allem mat engem Schued, dee momentan op 12 Milliarden Euro geschat gëtt.

An der Press war en Opruff fir ze hëllefen, an d'Gemeng Péiteng hëlleft jo ëmmer an esou Situatiounen. Virun allem dës Kéier, well et an Europa ass, a wou mer kënne fir d'Regioun an den Abruzzen en Effort maachen.

Dir wësst, datt mer 7.500 Euro am Budget fir den Exercice 2009 stoen hunn, a mer wollten der Associatioun 'Abruzzesi Nel Mondo' vun Diddeleng 2.500 Euro zoukomme loossen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Wéi den Här Welter scho gesot huet, mécht eis Gemeng bei esou Saachen ëmmer e besonneschen Effort. Dës Kéier ass et ëmsou méi dramatesch well et net wäit ewech op europäeschem Terrain geschitt ass, a well ganz vill Leit aus däer Géigend hei am Land wunnen.

Wat ech awer befäerten, an do géif ech awer och biede fir hannendrun ze bleiwen - och mat der der Associatioun 'Abruzzesi Nel Mondo'. Well et ginn Artikelen an der Zeitung - hei ass een aus dem Lëtzebuerger Journal, déi Zeitung, déi dem Här Welter méi no steet - an deen Artikel ass iwwerschriwwen 'Das Beben, der Schutt und die Mafia'. Op enger Netz-Zeitung vun der Agence France Presse steet dran 'Es gibt Befürchtungen, dass Firmen mit Mafia-Verbindungen minderwertige Materialien verwenden könnten. Staatspresident Giorgio Napolitanos Vorwurf: *Die verheerenden Schäden in den Abruzzen seien durch Gier und Missachtung der Vorschriften verschlimmert worden*'.

Et ass jo och net vun ongeféier, datt den Här Berlusconi keng Hëllef aus dem Ausland zougelooss huet, déi éischt Momenter no däer schrecklecher Katastrof. Dat ass fir e ganze Koup Saachen net no baussen ze weisen. Dat soll awer elo net verhënneren, datt mir als Gemeng do spenden. Mä ech géif awer dem Här Welter, respektiv eisem Schäfferot an eis selwer alleguerten operleeën, fir e bëssen ze iwwerwaachen, wat 'Abruzzesi Nel Mondo' mat deene Suen dohanne mécht, an datt dat dann och soll richteg gebraucht ginn an net an d'Mafia-Hänn kënnt.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wëll nach just dem Här Becker soen, datt, wann een den Artikel lies deen am Luxemburger Wort dran ass, datt den Här Di Bartolomeo och hannert däer Associatioun do steet, an datt och vun der Regierung aus mat iwwerpréift gëtt. Mir wollten an dësem Fall emol eng Kéier ofwiesselen, well mer hunn ëmmer d'Rout Kräiz oder d'Caritas geholl. An hei hate mer emol eng Kéier d'Geleeënheet fir een drëtten ze huelen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et soll elo net falsch verstane ginn, datt déi Associatioun mafiéis wier. Dat op kee Fall. Wann et iergendwou a Südamerika ass, dann huele mer dat einfach esou hin an dann ass et eis egal, mä wann dat awer op eemol bei eis op der Dir ass, da fannen ech schonn, datt et relativ dramatesch ass.

Accord à l'unanimité.

8.1.

Enseignement.

Organisation scolaire 2009/2010 – répartition des classes – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir wäerten op Grond vun der neier Gesetzgebung an der Meesëtzung och déi provisoresch Schoulorganisatioun stëmmen. Mir géifen awer schonn elo d'Klasseverdeelung stëmmen, esou datt mer eis festleeë wéivill Klassen a wéivill Poste mer an der Gemeng hunn, fir datt eist Léierpersonal och d'nächst Woch kann d'Opdeelung vun de Klassen ënnert sech maachen. Doropper hi kënne mir dann och dee Comité d'école an eise Schoule stëmmen, eng Saach déi noutwenneg ass fir datt d'Preparatiounsaarbechte vun der Schoulorganisatioun 2009/2010 kënnen an engem normale Rhythmus gemaach ginn.

Doduerch leeë mer iech haut - esou wéi ëmmer - déi normal 'répartition des classes' vir. Ervirzesträichen ass, datt alles an allem an deene 4 Schouzyklen mat 1.665 Kanner fir d'nächst Schouljoer ze rechnen ass. Mir haten dëst Joer 1.653 Kanner, dat heescht, et ass eng Progressioun vun 12 Kanner vun dësem Schouljoer op dat nächst.

Mir hu vum Comité de cogestion, a mat Approbatioun vum Inspektorat a mam Accord vun der Schoulkommissioun - an dofir soen ech all deene Merci, déi un dëser Aarbecht bedeelegt waren - eng Propositioun um Dësch leien déi e puer Saache respektéiert. D'Klassemoyenne läit bei 17,3 am fréiere Préscolaire a bei 16,2 beim fréiere Primaire. Dat ass ongeféier d'selwecht wéi déi Joere virdun, an et ass e ganz gudden Duerchschnëtt. Mir wäerten och an Zukunft de Spécial lues a lues verléieren. Déi Leit, déi elo am Spécial sinn, an déi an de Klassen an ausserhalb de Klasse bei Kanner intervenéieren déi Schwieregkeeten hunn, wäerten nach ëmmer bestoe bleiwen, awer si ginn an de Cycle d'enseignement integréiert a si schaffe mat den Equipen do zesummen. Et wäert awer net méi esou ee Spécial, en Appui oder Intégration sinn, esou wéi e fréier bestanen huet. Dat ass esou mat dem Inspektorat ofgemaach.

Mir wäerten awer 2 Posten an der Dyslexie behalen, esou datt mer d'Kanner, déi doranner Problemer hunn, nach weider kënnen encadréieren. Mir wäerten och weiderhin an der Naturschoul ee Mann zu Lasauvage hunn.

Alles an allem gesäit déi Klassenopdeelung gutt aus. Mir hu Méiglechkeete gehat - an dat ass ervirzesträichen - fir zu Rodange am Préscolaire ee Posten bäizeschafen. Déi Méiglechkeet hate mer bis elo nach net well mer net genuch Klassesäll haten. Well awer fir déi nächst Rentrée an der Neiwiss-Schoul nei Klassesäll geschafe si ginn, wäerte mer fir d'alleréischt emol déi Containeren ewechhuelen. Mir wäerten dann och nach eng Spillschoulsklass kënne bäisetzen, esou datt mer dann do och en Duerchschnëtt kréien deen akzeptabel ass, an deen och besser ass wéi an der Vergaangenheet. Dat hunn déi Rodanger scho laang gefrot a si konnten dat ni kréie well et u Klassesäll gefeelt huet.

Mir hunn och zu Rolleng eng Klass manner am Primaire, well do d'Zuel vun de Kanner ofgeholl huet. Mir hate

soss ëmmer 13 Klassen, a fir d'nächst Joer hu mer do 12 Klassen.

Zu Péiteng wäerte mer am fréiere Primaire 2 Klasse weider hunn, an zu Rodange wäert sech näischt änneren.

Dat heescht, wat d'Klassenzuel u sech ubelaangt, wäert an deenen 3 Zyklen zesummen e Plus vun 2 Klassen entstoen.

Wat mer viru Joere schonn eng Kéier hei haten - well mer an der Spillschoul vill auslännesch Kanner hunn - a wat mer fir d'nächst Schouljoer erëm wëllen aféieren, ass esou eng Zort Babbelcours. Do geet en Enseignant an d'Klasse fir mat deenen auslännesche Kanner méi spezifesch Lëtzebuergesch ze léieren, fir datt se domatter och besser fir den zweeten Zyklus, dat ass dee fréiere Primaire, preparéiert sinn. Dee Poste war elo eng Zäit net méi besat, well mer drop gehalen hunn - well et eng spezifesch Ausbildung virausgesat huet - datt mer brevetéiert Personal mussen hunn. Haut sinn awer fir déi, déi am éischten Zyklus schaffen, dat heescht de Préscolaire, wesentlech méi Leit do, déi esou ee Poste sichen. Mir haten déi leschte Kéier fir d'alleréischt méi Kandidate wéi Plazen. Esou datt mer dës Kéier dem Inspektorat gesot hunn, datt mer elo wëllen en halwe Posten op Rolleng a jee ee ganze Posten op Péiteng a Rodange dobäisetzen, an esou dee Babbelcours am éischten Zyklus kënnen ubidden.

Wat ech och muss soen, an dat ass och positiv, dat ass, datt d'Zuel vun de Redoublante wesentlech méi niddereg ass. Si ass zwar nach ëmmer héich, mä et ass awer eng wesentlech Reduktioun zu deene Joere virdrun, dat heescht mir hu keng zweestelleg Zuele méi zu Péiteng, respektiv zu Rodange. Mir sinn also do och um gudde Wee, an an Zukunft soll jo - wann ech eis Ministesch héieren - kee méi sëtze bleiwen, esou wéi dat fréier de Fall war, mä si sollen d'Méiglechkeet kréie fir an 3 Joer een Zyklus ze maachen.

Dat eenzegt, wou mir awer Wäert drop geluegt hunn, a wat mer gären hätten, dat ass, datt mer pro 'Ecole' - mir hu jo an all Uertschaft nëmme méi eng Entitéit 'Ecole' - kucken wéivill Schüler a wéivill Intervenante mer hunn. Ënner Intervenante zielen ech déi, déi eng Klass selwer féieren plus déi Posten am fréieren Appui, déi den Encadrement maachen. A wann ech d'Zuel vun de Schüler kucken, an ech dividéieren déi duerch d'Zuel vun den Intervenanten, da leie mer zu Rolleng bei engem Duerchschnëtt vun 13,95, zu Péiteng bei engem Duerchschnëtt vun 13,89 an zu Rodange bei engem Duerchschnëtt vun 14,28. Dat heescht, et läit alles beieneen, esou datt mer fir déi selwecht Zuel vu Kanner praktesch déi selwecht Zuel vun Intervenanten an de Klassen hunn.

Domatter hätt ech meng Introduktioun gemaach a wëll nach eng Kéier all deene Merci soen, déi mat heidru geschafft hunn. Vum nächste Joer wäerten dat aner Leit sinn. Dës Kéier war et nach de Comité de cogestion, mä vum nächste Schouljoer u wäerten dat déi eenzel Comité d'écoles sinn, déi ab der nächster Woch wäerte bekannt sinn.

Accord à l'unanimité.

8.2.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.

Ratification à l'unanimité.

8.3.

Enseignement.

Bilan financier des Classes de Neige 2009 – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir wësst, datt mer vum 23. bis den 31. Januar mat eise Kanner op Sigmundsberg an d'Schnéiklasse gefuer sinn. Et waren dat 155 Kanner an 31 Erwuessener, dovunner 4 Chaufferen. Mir haten e Budget gestëmmt, an haut hu mer den Dekont virleien. Mir hu schlussendlech keng 5 Bussen, mä der nëmme 4 gebraucht well d'Zuel vun de Kanner liicht zeréckgaange war. D'Gesamtausgab läit elo bei 96.253,32 Euro. D'Elteren hu jeeweils 190 Euro bäigeluegt, dat mécht am Ganzen 29.450 Euro, esou datt fir d'Gemeng e Solde vun 66.803,32 Euro bleift. Mir haten hinnen do schonn eng Avance gi vun 42.000 Euro - den 27. November 2008 - a wou mer elo nach eng Kéier de Sold vun 24.803, 32 Euro op den Exercice 2009 hinnen iwwerweisen. De Rescht wäerte mer hale fir d'Avance vun 2010 ze bezuelen.

Ech wëll och nach eng Kéier hei vun der Geleeënheet profitéiere fir alleguerten deene Merci ze soen - sief dat dem Léierpersonal, sief dat de Moniteuren an der Doktesch - déi di ganz Kanner encadréiert hunn. Et ass eng grouss Organisatioun, a bei 155 Kanner brauch ee vill Verantwortungsbewosstsinn. Dat hu se, an ech soen hinne Merci fir dat Engagement, dat se am Intressi vun eise Kanner hunn.

Accord par 13 voix (CSV, DP, LSAP) et une abstention (Déi Gréng).

8.4.

Enseignement.

Décision de principe relative à la construction d'une Maison Relais et de quatre salles pour l'éducation précoce à Pétange – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir wësst, datt mer an der Maison relais duerch d'Chèques-service relativ grousse Bedarf u Plaze fir d'Kannerbetreiung ausserhalb vun der Schoul wäerte kréien. Mir wäerten awer och - an dat ass noutwenneg - wat de Précoce ubelaangt, aner Dispositioune brauche fir dee kënnen ze maachen. Do ginn et Dispositiounen déi virgesinn, datt een nieft engem normale Klassesall och e Rousall muss hunn. Et ass och esou, datt de Précoce um Rez-de-chaussée muss sinn. Dat sinn alles Conditiounen, déi duerch e Règlement grand-ducal vum Ministère de l'éducation nationale festgeluegt si ginn an déi mer musse respektéieren. De Moment hu mer dat just zu Rolleng gemaach. Dofir presentéiere mer dem Gemengerot haut e Projet, deen eis Situatioun zu Péiteng regulariséiert. Do kréie mer zwar 4 Klassesäll, och wa mer nëmmen 2 Klassen hunn, mä doduerch si mer prett fir de Fall wou mer décidéiere fir déi ganz Woch d'Kanner an de Précoce ze huelen. Dat wëlle mer fir de Moment net onbedéngt maachen, mä mir sinn awer prett fir dat eventuell eng Kéier ze maachen. Och fir Rodange wäerte mer iech an nächster Zukunft e Projet virleeën, wou mer dat selwecht wäerte maachen, dat heescht wou mer de Précoce esou gestallten, datt mer conforme zu den Dispositioune vum Règlement grand-ducal iwwer de Précoce sinn.

Mir brauchen - an déi nei Gesetzgebung gesäit dat esou fir, an dat huet de Minister Jean-Marie Halsdorf eis och viru kuerzem gesot - keen Avantprojet ze stëmmen, an dann déi verschidden Instanzen ze duerchlafe fir d'Approbatiounen an d'Avisen ze kréien. Fir méi schnell virun ze kommen, kënne mer direkt den definitive Projet stëmmen. Dat wäerte mer och virun der grousser Vakanz maachen. Mä fir elo net schonn eng Rei Gelder ze déblockéieren an och ze engagéieren - well wann een en definitive Projet wëll maachen, da

kascht dat wesentlech méi deier wéi wann een nëmmen e provisoresche Projet mécht - wollte mer elo dem Gemengerot haut de Prinzip virzeleeën, fir dëse Prinzip guttgeheescht ze kréien. Domatter hätte mer dann d'gréng Luucht vum Gemengerot fir den definitive Projet ausschaffen ze loossen an déi néideg Fraisen dofir ze engagéieren.

Mir wëllen elo haut dem Gemengerot säin Avis gewuer ginn, a wann dir sot, datt déi Saach an der Rei ass an datt déi Saachen, esou wéi se haut virgestallt si ginn, kënne realiséiert ginn, da gi mer dem Architektebüro och gréng Luucht fir déi definitiv Pläng an den definitiven Devis ausschaffen ze loossen. Duerno kënne mer dann nach eng méi déifgräifend Diskussioun hei am Gemengerot féieren.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei zu Péiteng 'An Eigent', do wou de Primaire fir de Moment ass, solle 4 Säll fir de Précoce hikommen. Well awer doduerch zwee Primairesäll géife verschwannen, awer ënnen nach e Préau vun 80 m2 eventuell nach virgesinn ass, géinge mer nach Säll fir den Enseignement primaire op den éischte Stack bauen. Esou datt mer an d'Plaz vun deen zwee Säll, déi ënne verschwannen, 4 zousätzlech Säll fir de Primaire an de Sanitaire um éischte Stack kréien. Dat wier alles och an deem Flillek, wou de Précoce soll hikommen.

Déi kleng Schwämm an der Eigent-Schoul, déi jo och net méi conforme ass, soll och verschwannen, an do soll dee ganz neie Fligel vun der Maison relais hikommen. Do géifen am ganzen 12 Säll hikommen. Et soll och eng professionell Kichen integréiert ginn, esou datt och op deem Site ka gekacht gi fir d'Maison relais an de Repas à domicile. Uewenop kéim nach e Büro fir d'Directrice, e klenge Versammelungsraum an eng Salle polyvalente, déi relativ grouss ass. Dëse Sall huet ronn 180 m2, a vun deem Sall kann esouwuel d'Maison relais wéi och d'Primärschoul profitéieren. Well d'Eigent-Schoul huet u sech kee Sall fir Aktivitéiten ze organiséieren. Dat feelt nach an dëser Schoul.

Um zweete Stack sollen dann och nach 4 Säll entstoen, souwéi e Sall fir klenger Versammlungen. Um zweete Stack ass och nach Sanitaire virgesinn.

D'Schoulhäff bleiwen och nach grouss genuch, dat ass alles ausgerechent ginn. An dee Projet ass grouss genuch fir 240 Kanner.

Hei zu Péiteng hu mer, am Géigesaz zu Rodange a Rolleng, nach keng Maison relais, a well d'Nécessitéit do ass fir och eng zu Péiteng ze hunn, wier ech ganz frou, wa mer dës Décision de principe géifen huelen.

Lily Gansen (LSAP):

Ass nëmmen deen dote Site a Considératioun fir d'Maison relais geholl ginn? Hätt dat net kënnen e bësse vun de Schoulen ofgetrennt ginn?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass net esou, datt ee vun der Schoul direkt an d'Maison relais erakënnt. Et muss een duerch de Schoulhaff goe fir eranzegoen. Mir wollten dat trennen. Si kommen och net direkt an den Turnsall.

Lily Gansen (LSAP):

Dat ass net dat, wat ech wollt soen. Ech hätt et léiwer gesinn, wann e bëssen Distanz tëscht der Schoul an der Maison relais gewiescht wier. Déi Kanner, déi sinn elo vu mueres bis owes nëmme méi a Schoulen an a Schoulhäff. Dofir hunn ech gefrot, ob dat deen eenzege Site war deen a Fro komm ass. War keen anere Site do?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei zu Péiteng si mer natierlech e bëssen agëengt mam Terrain, deen eis zur Verfügung steet. Mir sinn dovunner ausgaangen, datt deen Terrain hei zentral läit a gutt erreechbar vun den Elteren ass. Wann elo Elteren zum Beispill e puer Kanner an der Schoul an an der Maison relais, respektiv an der Crèche hunn, da kënnen se dat combinéieren. An deem Sënn läit dat alles ganz gutt. Mir hunn och deen Avantage, datt fir d'Loisire vun der Maison relais d'Sportshal an d'Schwämm direkt dobäi leien.

Et ass richteg, datt de Ministère ëmmer seet, datt et net ze no sollt bei der Schoul leien, mä mer haten hei net ganz vill aner Méiglechkeeten.

Lily Gansen (LSAP):

Dann hätt ech nach eng Fro zu der Kichen. Dir hutt gesot, datt déi Kichen esou grouss wier fir och kënnen de Repas sur roues matzemaachen. Ech fannen dat net gesond. Loosst dat, wat fir Kanner gekacht gëtt, fir sech a sicht fir de Repas sur roues eng aner Léisung.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat gëtt jo awer separat gekacht. D'Kanner kréien net dee selwechte Menu wéi de Repas sur roues.

Lily Gansen (LSAP):

Da mussen et jo awer schonn zwou Kiche sinn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Zu Rolleng leeft et jo och esou.

Lily Gansen (LSAP):

Ech weess, an ech sinn net frou doriwwer. Ech fannen dat net gesond, well et ass ëmmer een, deen dorënner leid. Entweder déi Grouss oder déi Kleng. A gewéinlech sinn et Kanner.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech kann déi Ausso do net guttheeschen. Well och an engem Restaurant kann e Kach sécherlech fir Kanner a fir Erwuessener kachen. An e Kach muss dat fäerdeg bréngen. Ech muss och soen, datt dat Ganzt och eng finanziell Geschicht ass. Et muss ee ganz gutt oppassen. Mir hu bis elo ëmmer d'Ham an der Mëllech gekacht. Mir bréngen et mat deem heite Projet fäerdeg, datt déi 'salle polyvalente' esouwuel vun der Schoul wéi och vun der Maison relais ka genotzt ginn. D'Kiche kënne mer och fir béides notzen, well et gëtt net matenee gekacht. Ganz oft fiert de Repas sur roues schonn um 11 Auer eraus, an da sinn déi scho fort ier ee mam Iesse vun de Kanner ufänkt. Dat heescht, esou eng Kombinatioun miisst méiglech sinn. Well wa mer zwou Kiche maachen, da musse mer der och zwou bezuelen, an et muss een och duebel Personal astellen. Et muss een awer och hei zu Lëtzebuerg ufänke fir den Euro e bësse méi an Éieren ze halen an e bësse méi versiche fir e méi optimal ze géréieren. Well mir packen et an Zukunft net méi fir alles 27 mol ze bauen.

An dëse Projet ass a mengen Aen ganz gutt, well e verschidde Saache kombinéiert a verschidde Saache kënne matenee genotzt ginn. Den Turnsall ka während der Schoulzäit vun der Schoul profitéiert ginn, duerno vun der Maison relais. Bei der 'salle polyvalente' ass et d'selwecht. Am Ausland, an dat hunn ech gesinn, gëtt an engem Schoulsall dräimol Schoul gehalen. Mueres mat enger Equipe, mëttes mat enger Equipe an owes mat den Erwuessenen. Mir kënnen eis hei nach erlaben 3 Installatiounen ze maachen. A wann d'Finanze méi knapp ginn, da muss ee kucke fir dat besser ze géréieren. An déi Propositioun hei dréit deem Rechnung.

Lily Gansen (LSAP):

Ech hu just meng Observatioune gemaach. Ech sinn absolut doranner ären Argumenter zougänglech, wat d'Finanzen ubelaangt. Dat ass sonnekloer. An ech weess och, datt d'Ham net méi an der Mëllech gekacht ka ginn. Et muss een och net alles

schwaarz gesinn. Ech wëll och net, datt mer eng zweet Kiche solle bauen. Mä mir hunn opginn, datt Restaurateuren aus eiser Gemeng de Repas sur roues maachen, an dat fannen ech schued. Well do kann ee wiesselen, wann ee fënnt datt d'Iessen net gutt bei engem ass. Wa mer eng eege Kichen hunn, da geet dat net esou einfach. An dir wësst och, datt mer ganz vill Reklamatiounen an der Läscht haten.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Iddi, fir emol bei de Restaurateuren ze kucken, ass eng Iwwerleeung wäert. Et muss een awer kucke watfir ee Volumen datt dat ass an ob dat iwwer eng Ausschreiwung muss gemaach ginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech si perséinlech der Meenung, datt déi Leit, déi de Repas sur roues vun der Gemeng net wëllen, nach ëmmer d'Méiglechkeet hu fir direkt beim Restaurateur ze bestellen. Praktesch all eis Restaurateuren an der Gemeng féieren d'Iessen och aus. A wann dat, wat ech vun der Gemeng kréien, net schmaacht, da kann ech nach ëmmer mer mäin Iesse vun engem Restaurateur liwwere loossen ëm déi Zäit wou ech et gären hätt.

Carlo Gira (CSV):

Den Här Buergermeeschter huet et gesot, dëst ass emol keen Avant-projet. Mä ech hu mer awer emol e puer Iwwerleeunge gemaach, déi ee vläicht ka mat iwwerdenke wann een dee richtege Projet opstellt. Déi Pläng, déi virleien, si relativ gutt a kloer opgedeelt, zemools déi vun der Maison relais. Ech stelle mer just eng Fro: Déi Säll sinn all kéiers getrennt duerch en Deel, wou ee Material ka stockéieren. Hätt een net kënnen dat esou aménagéieren, datt een d'Säll hätt kënnen duebel notzen, oder ass kee Bedierfnis do an déi Gruppe schaffen ëmmer onofhängeg vuneneen?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Esou wéi et elo aménagéiert géif ginn, ass genee dat, wat vum Personal gefrot ginn ass. Si wollte Raimlechkeete fir Stockage kënnen ze maachen. A si wollten et op déi Manéier wéi et elo op de Plang agezeechent ass, a mir sinn deem nokomm. Well wann d'Personal dat esou freet, a si si jo d'Leit vum Terrain, da schléisse mer eis deem un. A wann een d'Säll zevill grouss opmécht, dann huet een eventuell 30, 40 Kanner an engem Sall, an déi sinn dann och ganz schwéier ze géréieren. Fir gréisser Aktivitéiten hu mer jo och dofir d'Salle polyvalente.

Carlo Gira (CSV):

Ech war net bei deenen Iwwerleeungen dobäi, dofir hunn ech d'Fro elo gestallt, ob et net ubruecht wier fir et esou ze gestallten, datt méi Flexibilitéit méiglech wier, zum Beispill duerch Ubrénge vun amovibelen Trennwänn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et kann een d'Propose vun amovibelen Trennwänn emol weiderginn. Et ass vläicht deen een oder aneren dee sech vläicht wëll zeréckzéie fir Hausaufgaben ze maachen, an do kann esou eppes scho vun Notze sinn.

Mä si sinn awer éischter der Meenung, fir d'Säll esou ze loosse wéi se sinn.

Carlo Gira (CSV):

Dir wësst och, datt d'Ëmwelt mer zimlech um Häerz läit. An ech géif och virschloen, datt soll bei den Ausschreiwungen drop opgepasst gi fir esou wäit wéi méiglech ëmweltfrëndlech Materialien ze benotzen. Well ech war gëschter nach op enger privater Presentatioun, wou et ëm Aarbechtsplaze gaangen ass, a wou och gesot ginn ass, datt do, wou propper a gesond Aarbechtsplaze sinn och d'Aarbechtsklima besser ass. An dat wierkt sech och bestëmmt op eis Kanner aus.

Da wollt ech och nach eng Fro stellen, déi ech awer scho vun der Madame Conter gréisstendeels beäntwert kritt hunn. Et ass jo esou, datt do méi verbaut gëtt, an datt manner Plaz fir d'Schoulhäff bleift. Dir hutt awer scho gesot, datt mer do nach ëmmer an de Norme géife leien.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat stëmmt. Mir leien ëmmer nach an den Norme wat d'Zuel vun de Kanner ugeet, déi sech do ophalen. Et ass jo och esou, datt ee muss bedenken, datt d'Maison relais zu deenen Zäite fonctionnéiert wou d'Schoul normalerweis zou ass. An dee Moment steet der Maison relais dee ganzen Areal zur Verfügung.

Carlo Gira (CSV):

Wann ech richteg gesinn hunn, da kann ee vun de Schoulklassen duerch de Schoulhaff an d'Gebai kommen. Ech fannen et awer e bësse Schued, datt déi Haaptentrée zur Säit vun der Sportshal direkt op d'Strooss féiert. Bestinn do keng Problemer mat der Sécherheet, oder ass dru geduecht gi fir d'Kanner ofzesécheren? Well mer kenne schonn d'Problemer bei de Schoulen. D'Eltere géifen am léifsten hir Kanner mam Auto an de Klassesall féieren. Well op däer Säit si jo elo weider keng Parkméiglechkeeten, net datt d'Elteren hir Autoen awer elo dohinner stellen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mir wollten op däer Plaz och keng Parkméiglechkeete schafen. Well domatter wollte mer erreechen, datt d'Leit net bis an d'Maison relais erafueren a mussen op der anerer Säit op de Parking goen.

Esou, wéi et elo virgesinn ass, ass et déi beschte Méiglechkeet. An op deem klenge Wee, deen an de Schoulhaff eropgeet, sollen déi kleng Busse vun der Maison relais stationéiert ginn.

Fir d'Kichen ass säitlech e Parking agezeechent fir d'Liwwerunge mueres. Dat leeft awer normalerweis ausserhalb vun de Schoulzäiten, esou datt ee ka soen, datt no de Liwwerunge keen Trafic méi do ass.

Den Trëttoir ass och breet genuch fir et esou ze aménagéieren, datt kee Kand kann direkt op d'Strooss lafen. Awer dat gesäit een duerno besser op deenen definitive Pläng.

Carlo Gira (CSV):

Mir brauchen eis näischt virzemaachen. Wann d'Elteren d'Méiglechkeet hu fir esou no wéi méiglech bei Entrée erunzekommen, da maachen se dat och.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mir hoffen natierlech, datt mer et duerno esou ofgeséchert kréien, datt d'Eltere keng Méiglechkeet hu fir do ze parken.

Carlo Gira (CSV):

Dann ass mer och opgefall, datt dat Spillfeld am Haff, do wou d'Schwämm elo nach ass, relativ no un d'Strooss kënnt. Do wäerte mer jo dann och net derlaanscht komme fir en héicht Fangnetz opzeriichten.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wa mer genee wësse wat mer dohinner maachen, musse mer dat och an deem Sënn ofsécheren.

De Schoulhaff muss jo och nach mam Léierpersonal duerno ausgeschafft ginn. Et ass jo haut och de Fall, datt solle méi Natur-Schoulhäff realiséiert ginn. Mir hunn dat zu Rolleng an zu Rodange bei der Neiwiss gemaach, an hei zu Péiteng soll dat och an deem Sënn ausgeschafft ginn.

Carlo Gira (CSV):

Da wollt ech nach froen, ob d'Heizung an deem Gebai un déi bestoend Heizung ugeschloss gëtt, oder ob do eng spezial Heizung hikënnt?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mir sinn am gaangen ze kucken, ob mer net eng ganz Zentral an déi Géigend kéinte kréien, un déi mer eis Schoul, eis Sportshal, de Keelenzenter an eventuell och den Hotel kéinten drun uschléissen. Wéi gesot, mir sinn awer eréischt am gaangen - zesumme mat eng Bureau - dat ze analyséieren.

Carlo Gira (CSV):

Ass eppes virgesi fir Reewaasser opzefänken?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Esouwäit si mer nach net am Plangen. Ech ka mer awer virstellen, datt dat och ka virgesi ginn.

Haut huele mer elo nëmmen eng Décision de principe, fir datt mer de Projet emol op Schinn kréien. Déi dote Saache kann ee spéider nach beschwätzen.

Carlo Gira (CSV):

Da wier ech frou, wann dir dat géift mat op de Wee huelen.

Dann nach eng Fro zum Turnsall. Dee gëtt jo elo schonn ausserhalb vun de Schoulzäite vu verschiddene Veräiner genotzt. Bléift déi Méiglechkeet och duerno bestoen?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dee ka weider benotzt gi well keng Verbindung zu der Maison relais besteet. Et muss een duerch de Schoulhaff goe fir an den Turnsall ze kommen.

Dat selwecht ass och de Fall bei der Salle polyvalente. Wann déi genotzt gëtt, dann ass d'Maison relais zou, esou datt kee Frieme kann an d'Maison relais erakommen.

Carlo Gira (CSV):

Dann hätt ech nach eng Schlussbemierkung. De Projet ass gutt duerchduecht, mä wann een d'Fassad kuckt, esou ass déi keen architektonescht Wonnerwierk.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et muss een emol ofwaarden, wéi déi Fassad duerno ausgesäit. Esou wéi ech den Architekt aschätzen, géif ech awer soen, datt et duerno e ganz flotte Site gëtt a wann e bis fäerdeg ass, och ganz gutt ausgesäit.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wéi gesot, dat hei ass emol fir de Prinzip festzehalen, datt mer dee Projet hei solle maachen, datt mer et sollen an däer Gréissenuerdnung maachen an datt mer vum Gemengerot d'Erlaabnis kréie fir dee Projet definitiv ausze-schaffen. Selbstverständlech wäerte mer déi verschidde Remarquen och zum Deel an d'Gespréich mat erabrénge fir ze kucken, ob déi eng oder aner Modifikatioun méiglech ass.

Carlo Gira (CSV):

Ech begréissen dës Aart a Weis och, well soss kréie mer scho Pläng virgeluegt déi scho wäit fort sinn, an dann hu mer kaum nach d'Méiglechkeet fir eis Wënsch mat afléissen ze loossen.

Romain Becker (Déi Gréng):

De Kolleg Carlo Gira huet e ganze Koup vun Äntwerten op seng Froe kritt. Do waren och e Koup Froen dobäi déi ech och wollt stellen. Wat mir awer nach ëmmer e bëssen um Häerz läit, ass d'Verkéiersséchерheet an der Haaptstrooss, déi virun der Maison relais laanscht geet. Mir wëssen alleguerten, datt et eng Strooss ass, an däer net ganz lues gefuer gëtt obwuel Knubbelen an der Strooss sinn. Do wënschen ech mer, datt de Site duerno esou ofgeséchert ass, datt e Kand net kann eroflafen an dann an d'Strooss ka sprangen.

Eng aner Saach ass déi, wann déi Sportshal vis-à-vis sollt bestoe bleiwen, ob een do net spéider eventuell eng Passerelle ka bauen, déi net nëmmen d'Kanner aus dem Primaire, mä och déi aus der Maison relais, esouwäit ewéi méiglech vun däer Strooss ewechkritt.

Ech gesinn och, datt eng Rei mat Beem nieft der Maison relais an nieft der Primärschoul agezeechent ass. Soll dat heeschen, datt dat eng Kéier eng Insel gëtt wou ronderëm ka gefuer ginn? Oder ass dat nëmmen eng Iddi vum Architekt, deen dat nëmmen esou dohinner gemoolt huet?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass de Moment nëmmen e Foussgängerwee, an dat bleift och esou. Dat soll kee befuerbare Wee ginn.

Wat d'Passerelle ugeet, esou hu mir och schonn dorunner geduecht. Deemno wat déi aner Säit an d'Sportshal hikënnt, kéint een eventuell vum zweete Stack mat enger Passerelle eriwwerfueren. Déi Niveauë vun deenen zwee Gebaier si schonn ugepasst, esou datt, wann de Besoin duerno géif bestoen, mer ganz schnell eng Passerelle gebaut hätten.

Jeannot Linden (LSAP):

Och meng Froe sinn zum Deel schonn all beäntwert ginn. Wann ee gesäit wat mueres bei de Schoule lass ass, dann hale sech d'Elteren un näischt. Mir musse vun eis aus kucke fir d'Sécherheet vun de Kanner ze garantéieren. Ech ginn och mat op de Wee, datt - well mer duerno jo nëmme méi den definitive Projet virgeluegt kréien - mer bei engem Changement dee ganzen definitive Projet mussen änneren. Et miisst een also de Projet nach eng Kéier virdrun ze gesi kréien.

Ech wëll nach op Sécherheet bannen an der Schoul agoen. Do gëtt jo och esou eng Plattform fir d'Kanner gemaach, wou Kanner bausse kënnen dropgoen. An déi gesäit een net méi an. Do ka geturnt, gespillt, futti gemaach ginn, Fënsteren ageschloe ginn. Gëtt deem och Rechnung gedroen, der Sécherheet? Der interner Sécherheet am Gebai fir datt net zevill Vandalismus geschitt?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

An dësem Projet ass erëm eng Terrasse virgesinn. Den Architekt hat eng méi grouss ageplangt, wou mir eis awer dogéint gestäipt hunn, well mer léiwer Säll hätten an d'Kanner géifen erausspille goen. Mä déi Terrasse hei ass sécherlech eng Saach wou mer kënnen driwwer schwätzen. Loosse mer se oder securiséiere mer se? Wéi gesot, et ass elo nëmmen e klenge Virprojet, an do sinn nach ganz vill Punkten, wou driwwer soll geschwat ginn.

Well ech sinn och kee Frënn vu groussen Terrassen, éischtens aus Sécherheetsgrënn, an zweetens kritt een ëmmer Problemer mat Terrassen. Et ass ëmmer besser, d'Kanner ginn an de Schoulhaff spillen.

Roger Klein (LSAP):

Ech hätt och just eng Suggestioun ze maachen. Beim Kucke vum Situatiounsplang hunn ech eppes ganz Interessantes zeréckbehalen. Dat ass de 'plan directeur d'extension du centre de Pétange', an ech huelen och un, datt - laut de Kommentaren déi dobäi stinn, et och en Avant-avant-projet ass. Mä et ass e Projet mat enger ganzer Rei vun interessanten Denkustéiss, an et ass jo och e Projet, deen eng relativ grouss Surface betrëfft. Et ass dat haaptsächlech eng Surface tëscht der 'route de Longwy' an der Industriezon, an dat vun der rue Batty Weber bis bei d'rue J.P. Kirchen. Ech géif dofir virschloen, datt an enger relativ fréier Phase vun Iwwerleeungen, an enger informeller Sëtzung de Gemengerot géif mat agebonne ginn, fir datt de Gemengerot och seng eegen Denkustéiss kéint do mat erabréngen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass fir dëst Joer virgesinn. Mir si mam Bureau esouwäit fäerdeg, datt

mer eng informell Informatioun kënnen hei intern féieren. Mir hunn, an dat kann ech iech haut scho soen, am Kader vum PAG eng Diskussioun mam Environnement gefouert iwwer e puer spezifesch Punkten, well mer deenen hiren Avis och brauchen, a well mer wollten héiere wéi si déi Saach gesinn. Si hunn eis versprach fir an deenen nächsten 2 Wochen zu deene Punkten e Kommentar ze ginn. An da wäerte mer - wahrscheinlech nach virun der Summervakanz - mam Gemengerot an enger informeller Sëtzung all déi Punkten, wou mer eventuell eng Modifikatioun vum PAG maachen, diskutéieren, an dann och dem Gemengerot seng Iwwerleeungen anhuelen. Op Grond vun deem, wat an däer Sëtzung diskutéiert gëtt, gëtt den definitive PAG op den Instanzewee geschéckt.

Dat, wat elo hei an dësem Dossier dobäi läit, ass elo näischt Definitives. Et ass dat, wat mir dem Architekt ginn hu fir ze weisen, wat eventuell do kéint geschéien, datt do eppes ännere wäert wann de Lycée eng Kéier fortkënnt. Mir wollte weisen, a watfir eng Richtung et kéint goen. Mir wollten eis och Reservë gi fir wann eng Kéier d'Schoul miisst vergréissert ginn. Natielech ass dat do eng Saach, déi am PAG definitiv muss verankert ginn. Dat, wat elo hei virläit, ass natierlech nëmmen e Provisorium.

Accord à l'unanimité.

9.

Sports et loisirs.

Hall polyvalent à Rodange – approbation du décompte provisoire actualisé et vote d'un crédit additionnel – décisions.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Den 8. Dezember 2008 hu mer hei am Gemengerot e provisoreschen Dekont fir d'Aarbechte vum Hall polyvalent, awer och fir den Aménagement vun der rue Jos. Moscardo an de Parking gestëmmt. An däer Sëtzung wollte mer och dem Gemengerot seng Ënnerstëtzung kréien - och wa mer vu vireranner woussten, datt déi Mesure wahrscheinlech bei der Géigepartei op Widderstand géif stoussen - bei der Saach vun den 'pénalités de retard', déi mer der Firma, déi 'Entreprise générale' war, wollte verrechnen. Dat waren 390.000 Euro, an d'Reaktioun vun der Firma ass och net ausbliwwen. Well eng Firma verzicht jo net einfach op 390.000 Euro. Si hunn eigentlech e puer Saache gemaach. Dat éischt ass emol, datt mer - nodeem mer de provisoreschen Dekont hei gestëmmt haten - nach eng Rechnung vun 101.553,55 Euro kritt hunn. Dat war d'Hausse légale, déi d'Entreprise générale zegutt hat am Kader vun deem Projet. Do ass och net vill drun ze rüttelen. Dat eenzegt wat ee soe kann ass, datt déi Rechnung eréischt komm ass nodeem mer den Dekont fäerdeg haten.

Dann huet d'Entreprise eis nach 'intérêts moratoires' gefrot op Grond vu Rechnungen déi net bezuelt goufen. E ganz groussen Deel vun deenen intérêts moratoires' waren natierlech berechend op déi Partie, déi mir zeréckbehalen hunn als 'pénalités de retard'. Do hu mer an engem Gespréich klipp a kloer zu him gesot, datt dat fir eis net a Fro géif kommen, esou datt mer déi Rechnung och kontestéiert hunn.

Schlussendlech huet hien eis eng Rechnung geschéckt vun 20.087,45 Euro, fir Riddoen, déi frësch hu miissten opgehaange ginn. Dir wësst, datt déi Riddoen, déi geduecht si fir d'Sportshal ze ënnerdeelen, falsch opgehaange gi sinn, a well dat huet miisste geännert ginn, kréie mer elo nach eng Rechnung vun 20.087,45 Euro.

An den Entrepreneur huet gesot, datt a sengen Aen déi 390.000 Euro fir d'Pénalités de retard net geschëld wieren.

Dat ass esouwäit gaangen, datt mer mat him eng Entrevue haten, an déi eenzel Punkten diskutéiert hunn. Ee vun deene Punkten, iwwer déi ee kann diskutéieren - an dat ass och d'Argumentatioun déi engersäits den Entrepreneur eis ginn huet - ass, datt déi 390.000 Euro berechent gi si vu Mee un - wou de Projet hätt solle fäerdeg sinn - bis dat Joer drop am Abrëll/Mee wou d'Aarbechte komplett ofgeschloss waren.

Den Entrepreneur huet eis entgéint gehalen, datt mer schonn den 15. September vun däer Hal profitéiert hunn. Den 30. Oktober gouf se ageweit, also hätte mer keng Perte gehat. Ech muss och soen, datt et vis-à-vis vun engem Geriicht - an dat krute mer och vun anere Plaze confirméiert - schwéier haltbar gewiescht wier. Well mer haten u sech kee Schued fir ze soen, datt mer bis zum Moment vun der Réception générale definitiv hätte kënnen 'pénalités de retard' verrechnen.

Doropshin hu mer an deem Gespréich gesot, datt mer mat verschiddene Saachen net d'accord wieren. Déi Hausse légale konnte mer net a Fro stellen. Bei den 'intérêts moratoires' hu mer gesot, datt mer bereet wieren eng Zomm vun 8.000 bis 9.000 Euro ze bezuelen. Dat ass eng Zomm, wou d'Rechnungen effektiv während dem Chantier no méi wéi engem Mount eréischt bezuelt goufen. Et hätt ee kënnen driwwer diskutéieren, well am Bordereau oder an der Soumissioun steet dran, datt een et hätt miissten 'recommandé' schécken. Dat mécht awer keen. Mir hunn awer gemengt, datt mer dat hei net kéinte geltend maachen, well et generell net Usus ass. Mä wann een et elo drop ukomme gelooss hätt, dann hätt ee kënne soen, datt mer déi och net bezuele well mer ni eng Rechnung ageschriwwe geschéckt kritt hunn. Dir wësst, datt déi Rechnunge bei den Architekt ginn. Den Architekt kontrolléiert se a schéckt se da weider un d'Gemeng. Heibanne brauche mer jo och e bëssen Zäit an dann ass e Mount relativ knapp. Dat sinn 9.513,58 Euro, wann een emol dovunner ofgesäit, datt se hätte miissten ageschriwwe geschéckt ginn, da wieren déi geschëld.

Mir hunn och an däer Diskussioun gesot, datt mer bereet sinn déi ze bezuelen, awer déi 17.225,08 Euro, déi mer verrechent kritt hunn op den 'pénalités de retard', déi bezuele mer selbstverständlech net. Well dat huet näischt domatter ze dinn, datt mer d'Rechnung net mat Zäite bezuelt hunn, mä mir hunn déi Rechnunge kontestéiert.

Dann hu mer och gesot, datt mer net averstane si fir déi 20.087,45 Euro ze bezuelen. Well entweder huet den Architekt falsch Pläng eraginn, oder den Entrepreneur huet déi Riddoe falsch opgehaangen, mä op kee Fall huet de Maître d'ouvrages, also d'Gemeng, eppes mat däer Saach ze dinn. An no e puer Uleef huet d'Firma da gesot, datt mir als Gemeng net Schold dorunner wieren, an datt mer och net déi Saach kënne verrechent kréien. Ech huelen un, datt se versiche fir mam Architektebüro eens ze ginn. Op jiddwer Fall si se sech eens ginn, datt déi Zomm net bei eis ageklot géife ginn.

Dann, no laangem Hin an Hir, huet den Entrepreneur eis eng Propositioun wéinst deenen 390.000 Euro 'pénalités de retard' gemaach. Hie sot, datt en averstane wier mat engem Retard - obschonn nach eng Rei Saachen diskutabel wieren - vu Mee bis de 15. September. Si wieren awer net méi bereet nom 15. September dat ze bezuelen, well nom 15. September hu mir d'Jouissance gehat, hu mir vun der Sportshal profitéiert, an hätte mer kee Schued gehat. Mir hunn och mat eisem Affekot geschwat an eis juristesch berode gelooss, an hien huet eis gesot, datt een dat natierlech kéint diskutéieren, mä dat géife laangwiereg

Geschichte ginn. Da falen och weider Fraise fir d'Gemeng un, well den Entrepreneur wäert sécherlech net domatter averstane si fir dat do gëllen ze loossen. Den Affekot huet eis dofir proposéiert fir d'Propose vun der Firma unzehuelen. Déi 'pénalités de retard' géife sech dann nach op 100.000 Euro belafen, wat jo net Näischt ass. A wa mer dat géifen unhuelen, da géife mer eis laangwiereg Diskussiounen erspueren.

No deene laangen Diskussiounen, déi mer mat der Firma haten, wollte mer dem Gemengerot proposéieren, datt mer déi 100.000 Euro fir d'pénalités de retard unhuelen, déi 'intérêts moratoires' vun 17.225 Euro géife mer och spueren an déi 20.000 Euro fir d'Riddoe géife mer och spueren. Dat géif ëmmerhin eng Erspuernis vun vun 137.000 Euro op dësem Projet bedeiten. Dat ass e Kompromëss, deen et eis an der Firma erspuert e Prozess ze maachen.

Dat ass déi Propositioun déi mer maachen. Mir hunn der Firma awer och gesot, an dat war och de Grond firwat mer et schonn den 8. Dezember 2008 am Gemengerot haten, datt de Gemengerot wosst ëm wat et géif goen. De Gemengerot huet dem Schäfferot d'Mandat gi fir esou ze agéieren, doduerch datt hien de provisoreschen Dekont mat deenen 'pénalités de retard' guttgeheescht huet. Elo muss natierlech de Gemengerot och soen, datt hie mat dësem Arrangement ka liewen. A wann de Gemengerot dat seet, da wäerte mer op Grond vun dësem Arrangement dann definitiv dëse Projet ofschléissen.

Vum Schäfferot aus si mir der Meenung, datt et am Intressi vun allen ass, an datt dat heiten eng korrekt Saach ass. Ech muss och soen, datt déi Firma am Ufank guer net frou war. Am Ufank waren d'Diskussiounen net grad op enger frëndschaftlecher Basis, mä zum Schluss hu se awer gemierkt, datt mer mat eis géife schwätze loossen. Si hu Konzessioune gemaach, genee esou wéi mir och, an doduerch si se schlussendlech elo averstanen a mir kruten dat vun hinnen 'pour accord' geschéckt.

Dat heite war Neiland, an ech weess net op eng Gemeng schonn eng Kéier 'indemnités de retard' verrechent huet. Mä ech mengen, datt mer awer mussen op dee Wee goe fir de Firmen ze soen, datt se sech mussen am ëffentlechen Déngscht un déi selwecht Regelen hale wéi am Privaten.

Romain Rosenfeld (CSV):

Richteg ass et fir emol eng Kéier op dee Wee vun den 'indemnités de retard' ze goen an déi ze verrechnen. Haaptsächlech de Stat an d'Gemenge ginn e bëssen higehalen, wat d'Chantiere betrëfft. Ech begréissen awer och dat Arrangement, dat de Schäfferot fonnt huet. Ech kann dat nëmme begréissen, well wann déi ganz Affaire op den Instanzewee gaange wier, dann hätt dat Fraisë mat sech bruecht ouni ze wëssen, ob ee Recht kritt hätt.

Jeannot Linden (LSAP):

Wéi kënne mer dat doten dann an Zukunft évitéieren?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir schreiwen an Zukunft dat doten ëmmer an d'Soumissiounen dran, dat mat den 'indemnités de retard'. Et ass net sécher, datt mer bis op dee leschten Euro ëmmer alles erauskréien. Mä mir wäerten dat sécherlech d'selwecht bei deenen nächste Projetë maachen.

Wat deen heite Fall ugeet, esou ass et eng propper Léisung bei däer jiddweree säi Gesiicht bewahrt huet, wou jiddweree Konzessioune gemaach huet a wou jiddwereen och Feeler agestanen huet. Och mir mussen als Gemeng soen, ob dat richteg ass. Et muss ee jo och reell sinn. Mir hu vum 15. September un déi Sportshal benotzt, och wann nach net alles fäerdeg war. Et waren nach eng ganz Rei Saachen ze maachen, mä et war awer net esou gravéierend, datt mer net mat eise Kanner an d'Sportshal hätte kënne goen. Et waren eng Rei Finitioune ronderëm ze maachen, an ech ka mer virstellen, datt och d'Geriichter gesot hätten, datt mer als Gemeng net direkt e Schued haten, an datt mer keng esou eng héich Zomm hätten dierfen zeréckhalen.

Roland Breyer, Schäffen:

An der Jurisprudenz ass et esou, datt - wann een eng Contestatioun ze maachen huet - och wann een d'Réception définitive gemaach huet, een awer muss bezuelen. An da muss een duerno kucke fir seng Suen erëmzekréien. Et kann een déi Suen net zeréckhalen.

Accord à l'unanimité.

10.

Cultes.

Eglise paroissiale de Rodange – remplacement de la chaudière – approbation du devis et vote d'un crédit spécial - décisions.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass allgemeng heibanne bekannt, datt mer dëse Wanter mat der Chaudière vun der Rodanger Kierch méi wéi eemol Problemer haten. Mir hu se och kontrolléiere gelooss. Et ass eng Chaudière - wann ech richteg vun eisem Service technique ënnerriicht gi sinn - déi praktesch 20 Joer huet. Et ass nach eng, déi mat Mazout geet. Mir sinn zum Entschloss komm, datt déi Chaudière miisst ersat ginn. De geschatenen Devis géif sech op 35.000 Euro belafen.

Albert Muller (LSAP):

Déi Aarbechte fir d'Chaudière ze erneieren, falen déi net ënner de Kontrakt vun der 'garantie totale'?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Esouwäit ech weess net. Ech kann dat nach eng Kéier nofroe loossen. Mä well et sech hei ëm d'Erneiere vun der kompletter Anlag geet, kann ech mer dat net virstellen. An déi nei Anlag soll jo mat Gas fonctionnéieren.

Jeannot Linden (LSAP):

Ass et sécher, datt et mat deenen 35.000 Euro duergeet? Net datt duerno erëm Sue mussen nogestëmmt gi well eng zousätzlech Dir muss dohinner kommen oder Fuerf muss kaf ginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mat deene Sue miisst et duergoe fir d'Anlag an den Heizungskeller nees a Stand ze setzen.

Accord à l'unanimité.

11.

Vie associative.

Nouveau règlement sur l'octroi des subsides aux sociétés – décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Eist Subsidereglement fir d'Veräiner datéiert vum 27.07.2001. Et ass am Fong geholl säit 8 Joer a Kraaft, an et huet sech och bewäert, esou datt mer net wëlles hu fir alles op d'Kopp ze geheien.

Déi Reglementer, déi bis elo existéiert hunn, si relativ gutt verständlech. Si si vun der Veräiner akzeptéiert. Si si relativ einfach vun de Kommissiounen ze interpretéieren. Dofir wollte mer zu dësem Moment nëmmen eng punktuell Adaptatioun maachen a verschidden Artikelen der Aktualitéit upassen.

Beim 'subside variable' wollte mer e puer kleng Propositioune maachen. Esou wollte mer do soen, datt een e supplementare Subsid ka kréien, wann ee mat senge Membere vum Veräin un den Haaptmanifestatioune vun der

Gemeng deelhëlt, awer och bei der 'participation aux manifestations et activités d'un intérêt communal'. Firwat hu mer dat mat dragesat? Dat ass, well mer zanter engem Joer och déi Geschicht mat de Partenariater hunn. An déi fanne jo méi op dem Niveau 'd'intérêt communal' statt. A mer wëllen do soen, datt wann e Veräi bei esou Manifestatioune matmécht - op enger breeder Basis - da kann en och do zousätzlech Punkte kréien. Et mussen also net nëmme punktuell - esou wéi et bis elo war - déi lokal Manifestatioune sinn, esou wéi den 9. September oder de Bärbelendag, fir nëmmen déi ze nennen. Wann een elo zum Beispill bei der Kavalkad deelhëlt, oder bei engem Televie, da kann een och do zousätzlech Punkte sammelen.

Bei den normalen Aktivitéite gëtt jo gestaffelt vun 1 bis 10 Punkten. Do ass de Punktewäert ëm ronn 20% an d'Luucht gesat ginn, esou datt - wann een aktiv ass an de Maximum vu Punkten huet - een 600 Euro Subsid kritt. Virdu waren et nëmmen 500 Euro.

Dat selwecht ass och bei der Jugend de Fall, wann ee ganz vill Jugendlecher am Veräin huet. Och hei geet de Punktewäert fir déi Jugendlech ëm 20% an d'Luucht. Wann een iwwer 100 Jugendlecher a sengem Veräin huet, da kritt ee bal 2.000 Euro Subsid. Dat sinn 330 Euro weider wéi virdrun.

Mir hunn am Subsidereglement och en Aspekt bei de 'Méritants' mat dra bruecht. Mir hu jo e Mérite culturel an e Mérite sportif, an do hate mer bis elo ëmmer verschidde 'performances sportives' awer keng 'performances culturelles'. A bei de kulturelle Performancen, an do hu mer eis berode gelooss - mat der UGDA ware mer zesumme komm -, ass et esou, datt et schonn eng kulturell Performance ass wann een en éischte Präis op engem nationale Concours vun der UGDA mécht, an dat um Niveau 'A' oder an de Kategorien '1er Prix', 'B', 'C' oder 'D'. Dat si Saachen, déi e groussen Effort vum Veräi verlaangen. Et ass net méi obligatoresch, esou wéi fréier, wou ee geruff ginn ass. Hei kann ee sech engem Concours stellen, a wann ee schonn deen Effort mécht, an et mécht een och nach eng gutt Performance, da soll een och dofir belount ginn. Mir wëllen dat honoréieren andeem datt mer Montante vun 500 respektiv 400 fir eng Chorale bei enger Participatioun un engem Concours UGDA verginn. An dat soll dann dee Moment och honoréiert gi wa mer d'Sportler éieren an de Mérite culturel verginn.

Dann hu mer och den Artikel, deen iwwer d'Activités d'intérêt communal schwätzt, méi détailléiert. Do kann ee bis 5 Punkte kréien, an all Punkt ass 30 Euro Wäert. Do setzt de Schäfferot all Joers eng Lëscht op mat deenen Aktivitéiten déi en Intérêt communal hunn. D'Partenariater fir dëst Joer zielen do net well mer jo fir d'nächst Joer déi Saache maachen. Déi grouss Partenariater ginn opgezielt, wou d'Gemeng der Meenung ass, datt e Matschaffen op enger breeder Basis méiglech wier. A wann dann e Veräin mat dorunner deelhëlt, da kann en deementspriechend Punkte sammelen a weider Subside kréien.

Dann hu mer nach eng Ännerung bei der 'formation pour adultes' virgeholl. Do hu mer bis elo ëmmer eng Subventioun bäiginn un den Organisateur fir déi Leit, déi an der Gemeng wunnen. Dat ware bis elo 25 Euro, an dee Montant gëtt och ëm 20% op elo 30 Euro eropgesat.

Eng aner Ännerung ass déi, datt dee Veräin, deen d'Kavalkad organiséiert, e Recht huet op 1.000 Euro. Dat war nach ëmmer am Reglement dran, mä de Péitenger Wand stoung ëmmer nominell am Reglement dran. Fir elo net all puer Joer mussen den Numm ze änneren, hu mer den Numm duerch 'la société organisatrice' ersat.

Och d'Niklooswierker kréien eng Adaptatioun vun 20% bei den Titercher, déi se de Kanner ginn. Do geet et vun 3 Euro op 3,60 Euro erop.

Dat sinn déi punktuell Ännerungen, déi mer dem Gemengerot wollte proposéieren. Am Fong geholl wollte mer de Punktewäert e bëssen hiewen an déi kommunal Basis e bësse méi an der Vierdergrond setzen, fir op déi Manéier deene Veräiner Merci ze soen déi un deenen Organisatiounen deelhuelen.

D'Finanzkommissioun huet den Text och virgeluegt kritt a si huet en Avis unanime ofginn. Mir hunn och wëlles - nodeem dat heite gestëmmt ass - fir d'Kommissiounen zesummenzeruffen a se iwwer de Sënn, den Zweck an de Geescht vun deem neie Reglement ze informéieren.

John Polfer (CSV):

Den Här Breyer huet schonn déi meescht Erklärunge ginn. Mat der Erhéijung vun de Montante gëtt Jugendaarbecht an d'Partenariat mat der Gemeng belount. Eis Gemeng huet e Subsidereglement dat sech weise léisst. Aner Gemenge beneiden eis, an et sinn der esouguer, déi sech eng Kopie bei eis froen. Mir all heibanne sinn op ganz ville Generalversammelunge mat dobäi a mer kréien ëmmer Merci gesot fir de Gemengesubsid. E Reglement ass ni honnertprozenteg, a wann emol ee mengt, e wier net gerecht behandelt ginn, dann huet de Schäfferot nach ëmmer mat sech schwätze gelooss. Dat selwecht gëllt och fir déi materiell Hëllef vun de Gemengenservicer, ouni déi d'Organiséiere vun de Manifestatioune fir d'Klibb praktesch onméiglech wier. Duerch de Subsid an déi materiell an technesch Hëllef hu mer eng lieweg Gemeng, wou d'Veräiner den Awunner sportlech a kulturell Manifestatiounen ubidde kënnen.

Mir hunn hei kee Reglement, wou d'Sue mat der Stränz ausgedeelt ginn.

Carlo Gira (CSV):

Ech hätt just eng Fro an zwou Bemierkungen. Bei den 'organisations importantes' hu mer jo elo just den Organisateur vun der Kavalkad drastoen, datt deen 1.000 Euro kritt. Hätt een net och kënnen aner Organisateure mat dobäisetzen, déi och eppes Gréisseres organiséieren, a wat ee fir déi an Aussiicht stellt?

Roland Breyer, Schäffen:

Fir déi hu mer jo de Partenariat. Bei der Kavalkad ass et jo u sech eng Formel, déi bestanen huet ier d'Partenariater agefouert gi sinn. A mir wollten d'Kavalkad bäibehalen an net den Organisateur bestrofen an näischt méi ginn. Dat ass een extrae Subsid, dee fir den Organisateur vun der Kavalkad geschaf gi war. Elo hu mer d'Partenariater nach donieft. Do kucke mer éischter, wéi mer als Gemeng kënnen hëllefen. Et ass net esou, datt mer elo en neie Subsid fir 'manifestations importantes' wollte schafen.

Carlo Gira (CSV):

Hätt een dat dann net kënnen hei mat drasetzen?

Roland Breyer, Schäffen:

Dann hätten se 1.000 Euro manner kritt. Beim Partenariat gëtt et kee Subsid. Beim Partenariat gi mir eng materiell Hëllef a mer verzichten op d'Verrechne vun däer Hëllef.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt nach eppes zu den 'manifestations importantes' dobäisetzen. D'generell Regel gesäit vir - a mir hu jo all Joer ee Fall, an dat ass d'Fotosausstellung vum Péitenger Fotoclub - datt ee kann eng Demande maache wann een eng Organisatioun huet. Wann een dann en Defizit huet, da kann een deen och ofgedeckt kréien. Dat ass d'generell Regel. Bei der Kavalkad wollte mer et net an deem Sënn maachen, well mer net wollten op eemol mat engem Defizit vun 7.000, 8.000 Euro confrontéiert ginn. Dofir hu mer gesot, datt se pauschal géifen

1.000 Euro kréien, an déi kënne keen Defizit eraginn. All déi aner kënne mat engem Defizit un d'Gemeng eruntrieden, an dann ass et um Gemengerot fir ze décidéieren, ob mer eis un deem Defizit bedeelegen oder net.

Carlo Gira (CSV):

Mir si jo als Gemengeréit relativ vill bei de Generalversammlungen dobäi. An do gesi mer jo och, wat an deene verschiddene Veräiner geschafft gëtt. An do stelle mer fest, datt et Veräiner ginn, déi vill Aktivitéiten hunn, an anerer mat manner Aktivitéiten. Bei der Punktevergab, iwwer déi d'Kommissiounen ze befannen hunn, muss awer och gekuckt ginn, datt dat sech vläicht net onbedéngt tëscht 0 an 10, mä awer vläicht méi eng grouss Spart ass wéi nëmmen tëscht 8 an 10.

Dat selwecht gëllt dann och bei der Jugendaarbecht. Et ass wichteg, datt d'Veräiner fir hir Jugendaarbecht entschiedegt ginn, mä et kann awer net sinn, datt d'Gemeng einfach bezilt fir Jugendspiller, déi vläicht iergendwann eng Kéier iwwer den Terrain lafen an déi weider net aktiv sinn. Do muss een awer schonn drop hiweisen, datt et fir déi aktiv Leit geduecht ass.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir wëlle mat de Kommissiounen zesummekomme fir ze soen, wéi d'Reglement soll interpretéiert ginn. A wéi och eventuell Kontrolle kënne gemaach ginn. Et geet elo net duer fir einfach mat der Géisskan lass ze fueren. Mir solle kucke fir lues a lues méi Gerechtegkeet dran ze kréien. Mir wëssen awer, datt mer eng Basis hunn, a wa mer nach méi gerecht wëlle ginn, da miisste mer déi ganz Basis erëm eng Kéier op d'Kopp geheien. Well och do ass eng Evolutioun dran. Mä dat ginn heiansdo Revolutiounen, an déi wëlle mer de Moment évitéieren. Esou datt mer elo just kucken, wat eng Aktivitéit ass, oder wat e Veräin ass, deen 100% Aktivitéit huet. Ass dat just e Veräin, deen d'Statuten erfëllt an deen eng Generalversammlung an 5 'Kaffiskränzercher' am Joer mécht? Et soll een dat emol eng Kéier beschwätzen, an et kann een duerno emol eng Kéier kucke fir déi Skala vun 1 bis 10 erëm eng Kéier nei ze definéieren. Et ginn och Veräiner, déi immens vill maachen - méi wéi dat wat se am Statut stoen hunn - a mer kënnen net iwwer 100% erausgoen. Dofir kéint ee kucke fir bei deenen anere Veräiner dat e bësse méi ze doséieren, an doriwwer sollt een eng Kéier schwätzen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hat mer deen Artikel ugestrach wou drasteet '... détermine annuellement le degré d'activités de chaque association'. Den Här Breyer huet elo just gesot, datt een dat eng Kéier miisst iwwerschaffen, an et ass och dat, wat ech och wollt froen, wéi mer déi eng oder aner Aktivitéit definéieren.

Op der anerer Säit wollt ech froen, wéi '... et de sa participation aux organisations officielles' (Artikel 11) an '... des activités aux manifestations d'un intérêt communal' (Artikel 15) soll fonctionnéieren? Stelle mir eis dohinner a kucke wéi ee Fändel vu watfir engem Veräin do ass, oder ass et net zevill suggestiv, wa mer - wéi beim Artikel 11 - just da kucken ob Fändelen do sinn a mer verginn doropshin e Subsid, egal ob Vertrieder vum Veräi mat participéiert hunn oder net?

Roland Breyer, Schäffen:

Et geet op eng Déclaratioun vum Veräin. De Veräin huet e Formular, wou en ukräizt, ob hie mat engem Fändel dobäi war oder net, an et waren esouvill Leit vum Veräi mat dobäi. Et ass eng Déclaratioun, déi vum President, dem Sekretär an dem Trésorier ënnerschriwwe gëtt. Et ass eng eidesstattlech Erklärung. Mir kënnen elo Polizei spillen. Mir hate ganz am Ufank - an den 90er Joeren - eis Servicer dohinnergeschéckt fir ze kontrolléieren. Mir haten an der Zäit och emol Bongen, déi een huet miissten op der Plaz ofginn a wou och dropgeschriwwe gouf wéivill Leit vum Veräin do waren.

Dat hu mer alles opginn. Mir kréien elo eng 'déclaration sur l'honneur', déi mer vum Veräin zougestallt kréien. An d'Kommissioune si jo och um Terrain, a wa si hir Aarbecht richteg erfëllen, da sollen se onparteiesch kucken, ob d'Zuel vun de Participanten och ka stëmmen. Do soll eng kontradiktoresch Diskussioun an de Kommissiounen - wou Leit aus alle Parteie vertruede sinn - geschéien. A wann d'Kommissiounen hir Aarbecht seriös maachen, da muss een och emol domatter rechnen, datt deen een oder anere Veräin emol manner Subside kritt. Mir mussen éierlech matenee schwätzen, an net als Politiker emol déi eng, an dann erëm déi aner Kap un hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech muss awer och soen, datt d'Präsenz beim Nationalfeierdag a beim Commemoratiounsdag gutt ass. Och fir e Veräin ass et net einfach fir d'Gestioun vun hirem Fändel ze maachen. Well jiddereen, deen an engem Veräi mat vir dobäi ass, dee weess wéi schwéier et ass fir nach e Porteur fir de Fändel ze fannen. Da muss een de Fändel jo och emol kafen, an dee kascht jo och Suen a muss ënnerhale ginn.

Et ass natierlech flott, datt mer fir de Moment eng 30 Fändele bei esou Manifestatiounen dobäi hunn. A wann ech kucken, wat déi Veräiner erareechen, da stëmmen déi Zuelen awer iwwereneen. Et ass vläicht emol een dobäi, dee fuddelt - esou genee kann een dat net kontrolléieren - mä et ass awer net esou, datt nëmmen 10 Fändelen dobäi wieren an 30 Veräiner géifen awer soen, datt se mat hirem Fändel dobäi waren.

An deen Effort, deen de Veräi mécht fir mat engem Fändel beim Cortège dobäi ze sinn, dee soll een och honoréieren.

Roland Breyer, Schäffen:

Déi Veräiner, déi ee Fändel hunn, déi musse praktesch dem Fändeldréier eppes an Täsch gi fir datt hien de Fändel versuergt a mat trëppelt. Dat wat mir als Gemeng bezuele geet net an d'Veräinskeess, mä meeschtendeels un den Dréier.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech begréissen déi Ännerungen och. Ech verstinn, datt d'Sports- a d'Kulturveräiner frou sinn iwwer déi Erhéijunge fir d'Jugendaarbecht. Jidderee weess, wat eng Crèche oder eng Maison relais kascht, an da sinn déi Veräiner, déi iwwer 100 Jugendlecher hunn, frou, wa se e puer Su weiderkréien.

Et ass och ze begréissen, datt déi grouss Manifestatiounen, déi ënner dem Partenariat vun der Gemeng organiséiert ginn, an och déi aner Manifestatiounen, nach zousätzlech remuneréiert ginn. Well e Clubliewen belieft och d'Gemeng, an ech si frou, datt an deem Sënn Ännerungen am Reglement virgeholl si ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir gesinn och ëmmer méi, datt d'Grenze vun de Uertschafte falen, an datt zum Beispill Rodanger Veräiner op Péiteng kommen, an datt d'Veräiner sech een deem aneren hëllefen. An dat solle mer als Gemeng och ënnerstëtzen.

Guy Brecht (LSAP):

Wéi mäi Virriedner, den Här Rosenfeld, begréissen ech och, datt e modifizéiert Reglement elo hei um Dësch läit. Dat war jo schonn zanter e puer Joer gefrot. Wat natierlech ganz gutt ass, a wat jo ëmmer eng Diskussiounsbasis war, dat sinn déi Präisser vun der UGDA. Mir haten nach dëslescht esou ee Fall mat enger Musek, déi och e Präis kritt hat, a mer wossten net esou richteg wat mer do sollen

accordéieren. Mä dat ass jo och elo kloergestallt.

Den Artikel 15 ass och ze begréissen, well een elo emol endlech kloer weess wat een do ka kréien a wat do kann organiséiert ginn.

Ech hu just nach eng Fro zum Artikel 13. Do hate mer an de Kommissiounen an der Läscht e puer Problemer mat de Jugendlechen. Virun allem bei de Museken an de Choralen. Do war e bëssen en 'double emploi'. Do ware Jugendlecher, déi dann an der Jugendmusek gezielt gi sinn, an dann duerno och nach an der grousser Musek. An do hätt ech mer gewënscht, datt dat am Artikel 13 hätt kënne méi kloer niddergeschriwwe ginn, fir datt esou Saachen net méi virkommen, an datt de Jugendlechen nëmme méi eng Kéier zielt an net zweemol.

Dann hunn ech nach eppes, wat vläicht net grad heimatter eppes ze dinn huet. Ech hunn elo gelies, datt deemnächst am Home esou een Talentwettbewerb fir Rockgruppe stattfënnt. Dëst sollt vun der Jugendkommissioun organiséiert ginn, an ech hätt mer gewënscht, datt do och d'Kulturkommissioun hätt kënne gefrot gi fir mat ze organiséieren oder mat ze betreien.

Roland Breyer, Schäffen:

Wat d'Jugend ugeet, esou ass den Artikel u sech kloer. Et muss ee kucke fir um Formular dat nach e bësse méi däitlech dropzemaachen, fir datt déi Indikatiounen, déi ee gären hätt, och kloer erauskommen. Mir kucke fir de Formular méi kloer ze maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech muss awer och soen, Här Brecht, datt ech virun 2, 3 Joer genee dat kontrolléiert hunn, an zwar war et bei der Péitenger Musek, an do stoungen um Relevé vun der 'grousser' Musek net déi selwecht drop wéi bei der Jugendmusek. An ech konnt net feststellen, datt Jugendlecher duebel gezielt si ginn.

An ech hunn och confirméiert kritt, datt déi Nimm op deene Lëschte ganz genee kontrolléiert ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir kënnen och higoen an zousätzlech Pièce froen, wann dat sollt néideg sinn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et kann een et awer och esou ausleeën, wéi wann et zwou verschidden Aktivitéite sinn. Wann ee Jugendlechen am Basket ass an an der Musek, dann ass en op zwou Plazen, an e gëtt zweemol gezielt. Wann en an der Musek ass, an en ass an der Jugendmusek, wou en eenzel an d'Prouf geet, an e geet an der grousser Musek op engem aneren Dag och an déi Prouf, dann huet en u sech zwou Aktivitéite bei zwee verschiddene Veräiner.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et muss een awer oppassen. Mir hunn 3 verschidde Museksgesellschaften. An den Här Klein weess genee vu wat ech elo schwätze wäert. Si hunn nëmmen 1 Veräin, an déi Péitenger an déi Rodanger hunn 2 Veräiner. An et kann net sinn, datt do duebel gezielt gëtt. Well déi Rollenger Musek huet schonn den Désavantage datt se de Basis-Subsid nëmmen eemol kréien, an et kann och net sinn - an ech denken och net, datt et esou ass - , datt déi Jugendlech bei deenen aneren duebel gezielt ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Beim 1er Prix vun de Concoursë wollt ech nach eng Erklärung froen. Wat ass do mat 'seulement harmonies et chorales principales' gemengt?

Roland Breyer, Schäffen:

Domatter sinn net d'Jugendmuseke gemengt.

Jeannot Linden (LSAP):

A wann d'Jugendmuseken op e Concours ginn?

Roland Breyer, Schäffen:

Da kréien déi trotzdem näischt. Si ginn och net geéiert. Et ass d'selwecht wéi beim Sport.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech wollt dem Här Brecht nach op dee Rockconcours am Home agoen. Dëse Wettbewerb ass reng vun der Jugendkommissioun organiséiert ginn, an déi Kommissioun huet jo och e Budget mat deem se ka verschidde Saachen organiséieren a finanzéieren.

Et ass richteg, datt een hätt kéinten d'Kulturkommissioun froe fir matzehëllefen.

Roland Breyer, Schäffen:

Den 11. Mee komme mer mat deene verschiddene Kommissiounen zesummen, an et soll och net ausgeschloss sinn, datt sech verschidde Kommissioune kënne begéinen, en Échange maachen an zesummeschaffen.

Guy Brecht (LSAP):

Ass d'Jugendkommissioun déi eenzeg Kommissioun, déi en eegene Budget zur Verfügung huet?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass net esou, datt d'Jugendkommissioun e Budget zur Verfügung huet, mä mir hunn am Budget e Montant fir Jugendaarbecht drastoen. D'Jugendkommissioun mécht Proposen a mir huelen dann als Schäfferot d'Décisioun op déi Proposen ëmgesat ginn oder net. Et ass d'selwecht fir kulturell Aktivitéiten. Do kann d'Kulturkommissioun Propositioune maachen, a wann de Schäfferot der Meenung ass fir déi Saachen ze maachen, da gi se ëmgesat.

Accord à l'unanimité.

12.

Vie associative.

«Association des Parents d'Elèves de l'Ecole Portugaise de Rodange / Lamadelaine» - changement des statuts.

Il en est pris acte.

13.

Questions des conseillers communaux.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et fält op, datt zu Péiteng op der laanger, schmueler Haaptstrooss ëmmer méi Haiser ewechgerappt gi fir Residenze mat zéch Appartementer ze bauen. Esou geschitt um lénken Eck 'route de Longwy / rue Bommert', wou eng riseg Residenz gebaut gouf, an no mengen Informatiounen (dat war déi lescht Woch) vun 34 Unitéite bis elo der nëmmen 8 verkaaft sinn. Elo gëtt och nach dee rietsen Eck 'route de Longwy / rue Bommert' ewechgerappt an eng Residenz gebaut. Dësweideren ass dee rietsen Eck vun der 'route de Longwy / rue des Romains' ewechgerappt gi fir eng Residenz ze bauen, an et freet ee sech wéi laang et nach dauere soll bis och hei deen aneren Eck, also dee lénken, ewechgerappt gëtt fir eben eng Residenz ze bauen. Wéi fuerchtbar dat alles duerno ausgesäit, wann een duerch dee laangen däischteren Tunnel vun der Haaptstrooss muss fueren, brauch ech iech jo wuel net ze erklären. Elo gëtt dann och nach tëscht der 'rue Adolphe' an der 'rue des Champs' op der Haaptstrooss ewechgerappt, fir natierlech eng Residenz ze bauen. Woubäi een awer elo miisst betounen, datt eent vun deenen 3 Haiser eng interessant Architektur huet, an onbedéngt miisst op däer Strooss erhale bleiwen.

Ech wollt iech froen, wien déi Baugenehmegunge verdeelt a wien dat autoriséiert? Wier et dann net ubruecht fir fir d'éischt dofir ze suergen, datt d'Appartementer vun deene bestoende

Residenze verkaaft oder verlount ginn, an datt déi Haiser déi muttwëlleg eidel stoe gelooss ginn - sief dat fir ze spekuléieren oder aus aneren eegennëtzegen Ursaachen - sanéiert, verkaaft oder verlount ginn éier nei Betongsbléck autoriséiert ginn? Ass et net och um Schäffen- a Gemengerot fir dofir ze suergen, datt d'Liewensqualitéit vun den Awunner aus eiser Gemeng erhale bleift an net bestänneg erofgeet, sief dat fir déi, déi schonns länger hei wunnen oder fir déi Leit, déi nei an déi Residenze wunne kommen? Mussen dann d'Promoteure während der Kris Haiser kafen, déi ewechrappen, Residenzen eropzéien a probéieren den Akafspräis bis zu 20 mol versëlweren ze loossen? Ginn et da keng aner Aarbechte fir d'Baubranche während der Kris als wéi Residenzen ze bauen déi dann eidel stinn? An d'Ausried, datt et ëmmer méi Demandeure gëtt fir nei Wunnengen, zielt net méi, well et stinn, wéi schonns gesot, eng Onmass Appartementer an eiser Gemeng einfach eidel.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech gesinn dee Problem, deen dir hei uschwätzt, awer net esou. Dir frot, wien d'Baugenehmegungen autoriséiert a verdeelt. D'Baugenehmegunge verdeelen ech als Buergermeeschter, an autoriséiert huet de Gemengerot dat, wat gebaut gëtt. Well de Gemengerot huet am Kader vu sengem PAG, deen hien 1992 eng éischte Kéier festgeluegt huet, festgehale wéi hei an der Gemeng gebaut gëtt. Esou huet hien zum Beispill festgeluegt, datt an der Lëtzebuerger Strooss hei zu Péiteng kënne Residenze gebaut ginn, datt et zum Deel eng 'moyenne densité' ass, zum Deel och e 'centre communal' ass. An do kann ee Residenze bauen, an dat huet de Gemengerot eng Kéier festgeluegt an dat ass kaum ze änneren.

Dat eenzegt, wat ze änneren ass, an dat hu mer hei am Gemengerot 2005 festgeluegt, dat ass datt zu Rodange an zu Péiteng ee Stack manner gebaut gëtt. Dat heescht, déi Residenzen, déi elo haut gebaut ginn, déi hunn ee Stack manner wéi déi Residenzen, déi bis 2005 gebaut gi sinn.

Dat ass deen éischte Punkt. Ech muss iech och kloer soen, datt ech net weess wéi mir kéinten en Afloss op de Verkaf vun de Residenzen hunn. Et ass och kee Promoteur verflicht fir dem Gemengerot, respektiv dem Buergermeeschter oder dem Schäfferot, matzedeele wann en eppes verkeeft oder net. Mir hunn also do keen Ableck. Et sinn och scho vläicht Compromisë gemaach ginn, oder Verkafsakten ënnerschriwwe ginn. Ech sinn och iwwerzeegt, datt de Maart sech vum selwe wäert regelen, an et ass och kee Promoteur interesséiert dru fir Residenzen ze bauen a se duerno net ze verkafen. Well do verléiert hien nëmme Geld domatter.

Et kann natierlech sinn, datt de Promoteur op deem engen oder aneren Appartement sëtze bleift, mä dat ass sécherlech net d'Zil vun engem Promoteur fir dat ze maachen.

Ech sinn och guer net mat der Bemierkung averstanen, datt d'Haaptstrooss fuerchtbar ausgesäit. Ech sinn der Meenung, datt eng ganz Rei Residenze guer net esou schlecht ausgesinn. Et gi sécherlech och elle Saachen hei an der Gemeng, mä déi sinn an deene leschte 5 Joer net autoriséiert ginn. Ech brauch nëmmen hei vis-à-vis ze kucken, da gesinn ech eng Residenz, wéi se haut net méi dierf gebaut ginn a wéi se och net méi gebaut gëtt. Dernieft, um Eck, ass eng Residenz, déi ech perséinlech ganz gelonge fannen. Dat kann natierlech 'affaire de goût' sinn, mä déi fannen ech ganz gelongen, an déi Residenz ass och komplett verlount. Do steet - menges Wëssens - keen Appartement eidel.

Da schwätzt der nach vun deenen Haiser, déi muttwëlleg eidel stinn. Do ginn ech iech Recht. Dat ass net gutt, an dofir hu mer jo de Pacte logement ënnerschriwwen. An am Kader vum Pacte logement kënne mer eis Méiglechkeete ginn, an déi solle mer eis och an deenen nächste Wochen a Méint ginn. Do wëlle mer am Kader vum Pro Sud en Aarbechtsgrupp op Been setze fir gemeinsam an deenen 12 Sudgemengen aus dem Pro Sud Mesuren ze huelen, déi eben op deem dote Niveau sollen awierke, fir datt mer keng eidel Haiser méi do stoen hunn. An dat kann een nëmme maachen andeem een eng Tax aféiert. An dat neit Gesetz am Kader vum Pacte logement gëtt eis déi Méiglechkeet fir als Gemengerot esou eng Tax anzeféieren. A jee nodeem wéi héich een déi Tax usetzt, wäerten déi Proporiétairë sech fläisse fir hir Haiser erëm bewunnbar ze maachen. Dat ass sécherlech ee vun de gréissere Problemer.

Da kommen ech nach eng Kéier op d'Lonkescher Strooss zeréck, wat d'Wunnqualitéit ugeet. Ech si rezent ugeschwat ginn, an iwwer e Lieserbréif huet och eng Persoun mer dat geschriwwen. Ech konnt dee Mann net uschreiwen, well e keen Numm drënner gesat huet, an dofir kann ech dat elo hei maachen, vu datt dir mer eng ähnlech Fro hei stellt. Ech beäntwere keng anonym Bréiwer an der Zeitung. Wann deen Här eng Äntwert gäre gehat hätt, dann hätt hie sech sollen direkt u mech wennen an dann hätt ech him se kënne ginn.

Ech muss an deem Kontext awer soen, datt mer hei an der Gemeng vill méi elle Plazen hunn. Wann ech déi elle Plaz an der Lonkescher Strooss gesinn, wou zwee Camione stinn a wou eng Betongsfläch ass ouni iergendeppes aneschters, esou fannen ech net grad ganz schéin. An esou Plazen hätt ech am léiwste gären ewech. Ech hätt léiwer eng Residenz op däer Plaz wéi déi elle Betongsplaz, op däer nach iergendee Schrotthändler säi Camion stoen huet. Dat ass eppes, wat mir guer net gefält, an ech hätt léiwer, déi Plaz géif besser genotzt ginn andeem ee Wunnraum schaaft.

Mir wëssen och, datt haut déi meeschte Leit wëllen an enger Residenz wunnen, well se sech dat anert wahrscheinlech net méi kënne leeschten. An dofir stinn och eng Rei Haiser zum Verkaf eidel, well ganz héich Präisser gefrot ginn a well d'Leit -esouguer wa si et wéilte maachen - einfach d'Mëttelen net hu fir en Haus ze kafen. An doduerch ginn d'Leit elo hin a kafe sech en Appartement, well déi nach erschwénglech sinn.

An duerch de Fait, datt elo méi Wunnengen op de Maart kommen, geet de Präis erof, esou datt de Wunnraum nees méi accessibel gëtt fir eis Leit. An dat schéngt mer och e positive Volet ze sinn.

Ech sinn och net der Meenung, datt déi Residenzen eis Uertschafte verschampeléieren. Ech sinn der Meenung, datt eng ganz Rei flott Residenze gebaut si ginn, déi funktionell sinn, an ech wëll emol konkret vun iech gesot kréien, wou déi Residenze sinn, déi esou schrecklech sinn an déi an deene leschte 5 Joer gebaut si ginn.

De Raum am Zentrum vu Péiteng ass rar, an do gëtt natierlech versicht fir deen op e Maximum ze profitéieren. Wa mir elo wëllen, datt keng Residenze solle gebaut ginn, da musse mer higoen a Péiteng als 'zone de faible densité' ëmklasséieren. Déi Décisioun musse mer awer hei am Gemengerot huelen, an da muss ech mech och un déi Décisioun halen. Mä haut - esoulaang wéi sech un dat ablécklecht Bautereglement gehale gëtt - kann ech keng Bautenautorisatioun verweigeren. Ech kann net soen, datt keng Residenz däerf gebaut ginn, well de Gemengerot huet dat net décidéiert.

Wat elo dat Haus ugeet, wat laut äeren Aussoen duerch seng Architektur miisst erhale bleiwen an net

ewechgerappt ginn, esou hunn ech kee Recht fir dat ze verweigeren. Dann hätt de Gemengerot miisste soen, datt do eng 'zone protégée' ass, an dat Haus miisst erhale bleiwen. Esou Plazen hu mer an der Gemeng. Zum Beispill zu Rolleng am Duerfkär, an der rue de la Fontaine, do hunn ech ee Moyen fir ze soen, datt en Haus net dierf ewechgerappt ginn, oder datt d'Architektur miisst erhale bleiwen. Mä op der Lëtzebuerger oder Lonkescher Strooss huet de Gemengerot dat ni gesot. Och vun 'Sites et Monuments' gouf dat Haus net klasséiert. An do hunn ech als Buergermeeschter kee Recht fir dat ze soen. Do zéien ech bei all Geriicht dee Kierzeren. Ech sinn net als Buergermeeschter habilitéiert fir ze soen, datt dat Haus muss stoe bleiwen.

Wa mer en neie PAG maachen, da kënne mer awer nach aner Zonen an der Gemeng als 'zones protégées' definéieren, wa mer der Meenung sinn, datt do verschidde Saache sinn, déi sollten erhale bleiwen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Da kënne mer dat jo eng Kéier nohuelen. Dir sot och, datt d'Lonkescher Strooss net ellen ass. Ech fannen et net immens schéin, wa vis-à-vis vun der Tankstell déi zwee Ecker total zougebaut sinn. Wat d'Plaz vum Schrotthändler ugeet, do ginn ech iech 100% Recht. Dat si Baulücken, déi zougebaut miisste ginn. Mä bei Schrotthändler hu mer jo awer nach e ganz anere Problem. Well wat war virdrun do gelagert, wat war do stockéiert? Well do baut een och net esou einfach.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Um Eck mat der 'rue Bommert' stinn de Moment jo nach déi Garageboxen. Ass dat da schéin? Ech fannen dat net schéin. Wann eng propper Residenz do steet, da fannen ech dat - op deem Eck - besser wéi dat, wat elo do ass.

Romain Becker (Déi Gréng):

Mir haten eng Kéier vun der Aféierung vum Pedi-Bus, dat heescht, datt eis Schoulkanner nees zu Fouss an d'Schoul ginn, geschwat, awer ni méi eppes dovunner héieren. An eisen Nopeschgemenge fonctionnéiert dëse System schonns säit längerer Zäit, an d'Elteren an d'Kanner si begeeschtert. E sëllechen Etudë soen, datt eis Kanner net méi genuch Bewegung hunn, net méi genuch dobausse sinn, vu datt d'Tëlee an d'Computerspiller dominéieren, an d'Kanner doduerch ëmmer méi iwwergewiichteg ginn. Dësweidere géif dat deen dach esou geféierlechen Auto-Chaos virun eise Schoule vermeiden, wou all Mamm an all Papp hir Kanner am léifste mam Auto bis an de Klassesall féiert, respektiv no der Schoul an deem selwechte Sall nees ofhëlt.

Hu schonns Eltere sech gemellt fir d'Kanner ze begleeden? Mécht d'Gemeng eng Kaart fir eis Schoulkanner an hir Elteren, op däer d'Schoulweeër agezeechent sinn? Ginn d'Stroosseniwwergäng extra gezeechent mat faarwege Männercher?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hunn dat décidéiert an och gesot, mir géifen de Pedi-Bus aféieren. Mir hunn och Enn 2008 eng Ëmfro bei den Eltere a Kanner aus der Uertschaft Péiteng gemaach - well mer wollten emol mat Péiteng ufänken - fir ze kucke wien interesséiert ass. Et hu sech och 14 Eltere bereet erkläert fir d'Kanner ze begleeden, an et sinn der 3 déi dat regelméisseg wëlle maachen. Déi aner 11 wëllen et just sporadesch maachen, an dat mécht d'Saach méi komplizéiert.

Et sinn eng 67 Kanner aus verschiddene Stroossen, déi dorunner interesséiert sinn. D'Elterevereenegung an d'Familljekommissioun waren och ugeschriwwe ginn, a si sinn och bereet eng Hand mat unzepaken.

Et ass elo geplangt, fir an enger éischter Linn vun der Belair-Strooss a Richtung Eigent-Schoul, a vun der Lëtzebuerger Strooss aus, de Pedi-Bus fonctionnéieren ze loossen.

Mir wëllen awer gären déi Leit, déi d'Kanner begleeden, um Niveau vun den Assurancen ofzesécheren. Dat si mer am gaangen ze maachen. Mir wäerten och eng Kaart maachen a mer wäerten och déi Männercher an de Stroossen op de Buedem molen.

Et ass just ee klenge Problem. Dir wësst, datt mer am Schoulservice fir de Moment am gaange sinn dat neit Schoulgesetz ëmzesetzen. An d'Personal vun deem Service ass fir de Moment - wéinst all deenen neie Reglementer déi bei iech am Ministère ausgeschafft si ginn, an déi och hu miissten ausgeschafft ginn - am Dossier Pedi-Bus e bëssen hannendra komm. Mir wollten u sech mam Pedi-Bus direkt no der Ouschtervakanz urappen. Ech krut awer versprach, datt de Schoulservice - nodeem elo am Mee déi provisoresch Schoulorganisatioun steet - sech däer Saach unhuele wäert.

Wéi gesot, mir wëllen de Pedi-Bus aféieren, mä, wéinst deem neie Schoulgesetz, huet et un der Zäit gefeelt fir de Projet weiderzedreiwen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Wat geschitt mat der klenger Gréngfläch an der 'Cité Léonard Schroeder' zu Péiteng um Eck mat der 'rue de la Paix'? Et fält op, datt dëse gréngen Eck ëmmer méi verkënnt an als Materiallager vun der Entreprise Rante muss hierhalen. Dës Plaz miisst onbedéngt erëm an d'Rei bruecht ginn, dat heescht, ugeplanzt an nei begréngt ginn an deen Unfug fir hei ouni Récksiicht Material ze tässele miisst ophéieren.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Do gouf eng laang Zäit geschafft, an et ass richteg, datt op däer Plaz vill stockéiert ginn ass. Do loung, an dat hunn ech mer de mueren nach vun eisen Servicer confirméiere gelooss, eng Rei Material a Kabelen, an dat esougutt vun der Post, dem Sudgaz an natierlech och vun der Entreprise Rante. Eng Partie dovunner ass anscheinend schonn an de 'Schwaarze Wee' eroptransportéiert ginn, well d'Material fir d'Astandsetzung vun deem Wee gebraucht gëtt. Duerno gëtt deen Eck natierlech erëm ugeplanzt, awer net zevill. Well an däer Strooss sollen duerno nach Aarbechte gemaach ginn, an da gëtt nees eng Plaz gebraucht fir ze stockéieren.

Et ass wahrscheinlech esou, datt - wann déi eng Aarbechten ofgeschloss sinn - en anere Chantier ugeet. Mä et muss awer dofir gesuergt ginn - an ech hunn och deen Appel matginn - fir datt d'Plaz no den Aarbechte soll geraumt ginn, an net als éiwegt Materiallager duer soll halen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech wëll iech awer nach soen, datt déi Entreprise zäitweis Bennen dohinnergestallt huet - nieft deem Materiallager - an owes stoung eng Kéier eng Benne do, déi net beliicht war. Dofir géif ech iech mat op de Wee gi fir dofir ze suergen, datt déi Benne beliicht sinn, net datt eng ganz geféierlech Situatioun entsteet wann een ëm den Eck gefuer kënnt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mir huelen déi Suggestioun mat. Et muss een awer och emol kucken ob iwwerhaapt musse Bennen do stoen. A wa se mussen do stoen, da sollen se och korrekt ofgeséchert sinn, anerefalls muss den Entrepreneur se ewechhuelen.